

	19^e séance	Présidence
	Jeudi 13 décembre 2001	M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
3. Dépôt d'une proposition de loi
4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
5. Dépôt d'un projet de loi
6. Dépôt d'une proposition de loi
7. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
8. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Michel Wolter, Mme Anne Brasseur et M. Carlo Wagner, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen? Dat ass net de Fall.

Den Här Innenminister Michel Wolter huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch den Arrêté vum 7. Dezember 2001 huet de Grand-Duc mech autoriséiert, a sengem Numm de Projet de loi portant réforme de la loi électorale vum 31. Juli 1924 hei ze déposieren;

– Projet de loi 4885 portant réforme de la loi électorale du 31 juillet 1924 telle qu'elle a été modifiée.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Inneminister Michel Wolter, an dee Projet gëtt weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren haut de Mëtte weider mat eiser Debatt iwwer de Statshaushalt vum Joer 2002. Déi nei Riednerlëscht ass verdeelt ginn. Als éischte Riedner ass den Här John Schummer agedroen. D'Wuert huet elo den Här Schummer.

2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Discussion générale (Suite)

M. John Schummer (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, agangs vu menger Interventioun wëllt ech awer trotzdeem nach eng Kéier op dem Här Zanussi vun de Sozialiste seng Ried vu gëschter zréckkommen. Do

huet ee jo gemengt, et wier ee wierklech an engem schlechte Film.

Une voix.- Jo!

M. John Schummer (DP).- Muss ech dem Här Zanussi rappeléieren, nodeem en hei op der Tribün ganz keck behaupt huet, et wier an dem Transport an an de Baute vun dëser Regierung näischt geschitt, dass et d'Sozialiste waren, déi lo déi lescht fofzëng Joer dës Ministèrenen haten, an an där Period ass awer wierklech näischt geschitt. Do ass fir d'Eisebunn net ee Meter Schinn geluegt ginn.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Bis elo ass och nach kee Meter Schinn geluegt ginn. Et läit nach ëmmer kee Meter.

M. John Schummer (DP).- Wa mer an allem Retard hunn, dann ass et wéinst engem totalen Immobilismus, deen d'Sozialisten déi lescht fofzëng Joer un den Dag geluegt hunn, haaptsächlech an deenen zwee Ministèrenen. An da seet den Här Zanussi ganz kalbliddeg, am Walprogramm vun de Sozialiste stung awer dëst an dat. Ech ginn lech e Beispill vum sozialistesche Walprogramm. Fofzëng Joer hunn d'sozialistesche Ministèrenen: Berg, Poos, Lahure a Wohlfart, versprach, de Statslaboratoire ze bauen. Dëst stung an all hire successive Walprogrammer. Kuerz virun de Wale vun 1994 huet den Här Lahure eng Erleuchtung kritt, a wéi en Zauberer eng Kanéngchen aus dem Zylinder zitt, huet hien e Gebai vum Giorgetti zu Gaasperech aus dem Hutt gezunn a wollt do den nationale Laboratoire dra quetschen, bis zu de Walen awer nëmmen. Dunn ass de Laboratoire erëm an den Tirang geluegt ginn, an et ass fënnf Joer weider geschlof ginn, bis den DP-Minister Carlo Wagner kouw an endlech Neel mat Käpp gemaach huet.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ech hunn net vum Laboratoire gëschter geschwat, Här Schummer!

M. John Schummer (DP).- Sou schafft d'DP an och dës Regierung.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ech hunn net vum Laboratoire gëschter geschwat, Här Schummer!

M. John Schummer (DP).- Ech schwätzen awer vum Laboratoire.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ma ja, da braucht Der dat net am Zesammenhang mat menger Ried ze soen.

M. John Schummer (DP).- Ech hunn lech just e Beispill ginn.

Une voix.- Dat huet näischt mat Transportpolitik ze dinn!

Une autre voix.- Jäizt net esou, dat ass net gutt fir Äre Bluttdrock!

M. John Schummer (DP).- Sou schafft d'DP an och dës Regierung, an dat ass nëmmen ee Beispill gewiescht. Mir kënnen vläicht vum Klinikbau schwätzen, wou déi lescht Klinik ënnert dem Emile Krieps gebaut ginn ass.

Une voix.- Dat ass guer net wouer, dat do!

M. John Schummer (DP).- Do kéinte mer vun der Kohärenz am Stroossebau schwätzen. Gitt frof déi Leit alleguer vu Schëndels, Koplescht, Bridel, wat déi dervun halen, wann en Tunnel opgeet an hannendrun ass näischt fäerdeg. Mir kënnen och vun den Dépassementer schwätze vun alle Bauprojeten.

Mä dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer erëm zu der Seriositéit vun dësem Budget zrëck, an erlaabt mer fir d'ëischt...

(Hilarité et interruption)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Dat war awer net ganz déck dat doen!

M. John Schummer (DP).- ...dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci ze soen. Et ass en exzellent Dokument, dat ass jo scho vu ville Bänken hei betount ginn.

A menger Interventioun wäert ech e puer Observatiounen maachen, wat fir eng Défië sech eiser Wirtschaft, an dat speziell am Kader vun deenen neien Technologien, stellen.

Aleedend wëll ech just soen, dass ee vun deene groussen Défien, déi sech eis stellen, dee wichtigsten – an do si mer eis jo alleguerten heibannen eens – deen ass, dass eis Wirtschaft kompetitiv bleift an dat besonnesch am aktuellen internationale Kontext.

Den Här Rippinger huet et den Dënschdeg a senger Interventioun op de Punkt bruecht. Ni huet e Budget souvill direkt a positiv Mesurë fir de Bierger a seng Familljen engersäits, a fir d'Wirtschaft anerersäits beinhalt: Ech denken do un d'Steierreform fir d'Privatpersounen souwéi fir d'Betriben, déi ouni Zweifel dozou beidroen wäerten, eis Wirtschaft ze stäerken.

Mä dat eleng geet natierlech net duer. Mir mussen op ville Pläng aktiv sinn, fir eis Wirtschaft ze ënnerstëtzen. Ech

wëll hei just e puer vun deene Moosnamen ernimmen, déi de Wirtschaftsministère fir den Exercice 2002 virgesinn huet: fir dat Joer 2002 verzechent Krediter, fir d'Departementer vun der Economie eng Hausse vun 33,1%, dat heescht 1,750 Milliounen Euro méi par rapport zum Exercice 2001. Dës Hausse erkläert sech zum Deel duerch de Fait, dass d'Finanzement vum Lëtzebuerger Pavillon bei der Weltausstellung zu Hannover sech am Exercice 2001 niddergeschloen huet. Déi Krediter, déi fir den Exercice 2002 am Departement vun der Economie zrëckbehalen gi sinn, verfolgegen ënner anerem d'Zil vun der Promotioun vun der wirtschaftlecher Entwécklung, der Innovatioun a surtout vum Esprit d'entreprise. Dozou gehéiert och d'Preparatioun an de Suivi vun den Aktiounen, déi duerch de Fonds européen de développement régional finanziert ginn.

Am Kader vum Programm vun e-Lëtzebuerg bedeelegt sech de Wirtschaftsministère u fënnef Projeten an den Domainen vun der Innovatioun, dem Commerce électronique an der Diffusioun vun Informatiounen bei der Propriété intellectuelle. Dës Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn, maache schonns eleng eng Zomm vun 3,3 Milliounen Euro aus.

Ech hu lo just de Commerce électronique ernimmt. Do ass jo mam Gesetz iwwert de Commerce électronique, dat de 14. August a Kraaft getrueden ass, en éischte wichtige Schrëtt gemaach ginn. Wéi Der wësst, handelt et sech bei deem Gesetz iwwert de Commerce électronique ëm eng Loi-cadre, déi Dispositiounen iwwert d'Signature électronique, dat heescht d'Preuve, d'Zertifikatioun an d'Akkreditatioun beinhalt, mä awer och Dispositiounen festhält fir Kontrakter par voie électronique, d'Responsabilitéit vun de Fournisseuren an d'Paiement-électroniquen. Ausserdeem stinn och an der Loi-cadre, wat den Traitement des données à caractère personnel ubelaangt. Mä – wéi gesot – dat ass eréischt en éischte Schrëtt gewiescht. Et gëtt ëmmer méi Commerce iwwer dës Technologien ofgewéckelt, a mir sinn hei gefuerdert, fir ganz vir bái ze sinn a jo nëmmen net den Zuch an deem Domaine ze verpassen an dat zugonschte vun eiser Wirtschaft.

Den 1. Juni vun dësem Joer ass e Règlement grand-ducal a Kraaft getrueden, dat déi praktesch Konditiounen vun der Signature électronique regelt. Dee Règlement grand-ducal stellt d'Basis vun enger ganzer Rei vun Normen duer, déi mer brauchen, fir datt déi Signature électronique och an der Praxis funktionéiere kann. Déi technesch Norme sinn natierlech äusserst wichtig fir Prestataire, déi dee sou genannte Service de certification applizéieren. Hei besteet awer de Problem, dass déi europäesch a souguer international Normen nach net oder nëmmen zum Deel publizéiert sinn.

Mä d'Normen sinn net deen eenzegen Défi, dee sech eis a puncto Commerce électronique stellt. D'Sécherheet am Allgemengen am Domaine vum Internet spillt eng enorm wichteg Roll. Et bestinn effektiv eng Rei vu Risquë

bei de kommerziellen Transaktiounen um Internet, déi do optriede kënnen. D'Kommunikatiounen kënnen ofgefaange ginn, an d'Donnéeën kënnen kopéiert ginn oder ëmgeännert ginn. Da kënnen awer och Softwareprogrammer an eis Computere geschleisst ginn, wéi zum Beispill Virussen.

Dann ass nach e weidere Problem, nämlech, dass ee sech um Internet fir en aneren ausgi kann, wat natierlech d'Transaktiounen äusserst geféierlech mécht. Et kann een also d'Identitéit vun engem Konkurrent oder vun enger Privatpersoun unhuelen. Et ass dofir wichteg, eng Infrastruktur à clé publique och bekannt als PKI – Public Key Infrastructure – anzeriichten, déi d'Transaktiounen an d'Kommunikatiounen iwwert den Internet lafend schützt. Dobäi kënn dann nach, dass d'Reseauen ëmmer méi vulnérable sinn, sief et duerch mënschlecht Versoen oder ganz einfach well d'Material oder d'Software versoen. Fir all deene Riskoen entgéintzetrieden, brauche mer eng global Stratégie fir d'Sécuritéit vun eise Réseauen ze sécheren, un där, déi, déi am meeschten dovunner beträff sinn, dat heescht d'Opérateuren, d'Betriben mat hire Mataarbechter souwéi d'Verwaltungen matwierke mussen. D'Betriben mussen um leschte Stand sinn, fir déi Bedroung, déi einfach duerch an iwwert d'Reseauen besteet, ze bekämpfen. Dat huet och d'Europäesch Kommissioun viru kuerzem an enger Kommunikatioun ënnerstrach. Mä fir dat ze erreechen, musse mer eng Rei vun Aktiounen aleeden, andeem mer eis Betriben duerch Sensibiliséierungskampagnen drop opmierksam maachen, andeem mer eng technologesch Ënnerstëtzung garantéieren an ubidden an un enger schneller Entwécklung vun Norme schaffen, déi an Europa a weltwäit gëllen. Fir dat ze erreechen, huet de Wirtschaftsminister zwou wichteg Mesurë geholl: Éischstens huet den Henri Grethen am Kader vum Programm e-Luxembourg eng Plattform, déi sech mat der Sécurité des réseaux an deene PKI beschäftegt, agesat. Där Plattform sollen Expären an Informatiker ugehéieren, déi fiabel Normen ausschaffen oder déi fiabelst Normen auswiele fir de Commerce électronique a gläichzäiteg Public Key Infrastructures schafen. Zweetens huet de Wirtschaftsminister Henri Grethen Membre vum Comité pour le commerce électronique genannt, déi Rekommandatiounen maache sollen a puncto Analyse an Evaluatioun vum Gesetz iwwert de Commerce électronique an der Reglementatioun op deem Gebitt. Domat kënn de Wirtschaftsminister engem Versprechen no, wat en oft widderholl huet, nämlech deem, dass dat Gesetz iwwert de Commerce électronique regelméisseg enger Evaluatioun ënnerzu gëtt, woubäi all interesséiert Akteure mat abezu solle ginn. Ausserdeem huet de Wirtschaftsminister a Kollaboratioun mat der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ee Projet lancéiert, fir e Qualitéitslabel ze grënnen, wat d'Internetsiten ubelaangt. Och dat ass eng Aktioun, fir dass de

Verbraucher méi Vertrauen an déi nei Technologie kritt. All déi Aarbechten an all déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt, ass net politesch grouss spektakulär, mä fir eis Betriben äusserst noutwendeg, an e Beweis dofir, dass vill a gutt Aarbecht geleescht gëtt.

Här President, e Beweis, dass hei kloer Zeeche vun der Zäit erkannt gi sinn, wat de Commerce électronique fir d'Entwécklung vun de Betriben a vun der Wirtschaft hei zu Lëtzebuerg bedeit. Et ass effektiv enorm wichteg, dass déi néideg Moossname getraff ginn...

(Interruption et coup de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech soen, dass se roueg solle sinn, Här Schummer!

M. John Schummer (DP). - Merci, Här President! Et ass effektiv enorm wichteg, dass déi néideg Moossname getraff ginn, fir dass mer allegueren d'Avantage vum Commerce électronique a vun deenen neien Technologien am Allgemengen ausschöpfe kënnen. Mir mussen dofir alles maachen, fir deene Risiken, déi nach bestinn, entgéintzewierken.

Mä déi nei Technologien évoluieren am Rhythmus vun deenen neien Erkenntnisser vun der Wëssenschaft. Mir mussen dofir ëmmer à même sinn, fir mat där Entwécklung matzehalen, fir och weiderhin d'Sécherheet vun deenen neien Technologien an de Consommateuren ze garantéieren. Ofschléissend wëll ech de Wirtschaftsminister zitieren, dee bei senger Ried leschten Oktober virun der Chambre de Commerce am Kader vun der Campagne nationale sur le e-Business gesot huet: «Mais il nous faut insister sur l'essentiel. Les perspectives du commerce électronique dépendent surtout et avant tout de l'éventail de l'offre, de la qualité et de la diversité des produits et des services offerts, de l'efficacité du réseau de distribution et bien sûr des prix qui sont offerts sur le net.»

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

M. Nico Loes (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Evénement vum 11. September ginn dacks geholl, fir ze weisen, datt näischt méi sou ass wéi virdrun. Ech mengen awer feststellen, datt, wa mer iwwert de Budget schwätzen, nach ëmmer alles beim Alen ass. Ech denken hei un d'Diskussiounen iwwert de Secteur primaire, dat heescht d'Situatioun an d'Beitrag zum Thema Landwirtschaft. Ech wëll domat soen, dass am Laf vun deene leschte Joren, wann iwwerhaupt zur Landwirtschaft geschwat ginn ass, villfach ëmmer erëm déiselwecht Iwwerleeungen a Forderungen op den Dësch koumen, déi do heeschen Akommesverlost, Präisverfall, Formatioun, Akerbauschoul a sou weider. Et ass mat Sécherheet och schwéier, op aner Sujeten iwwerzegoen, wëll dëst nun emol d'Problemer sinn, déi um Terrain ufalen. An trotzdeem, Här President, ass d'Joer 2001 e besonnescht Joer an der Landwirtschaft gewiescht, wou mer dach hei am Haus den 12. Juli de

Projet de loi 4778 iwwert déi landwirtschaftlich Entwécklung gestëmmt hunn, dat heescht dat neit Agrargesetz, an dat nodeem mir den 10. Juli iwwert d'Neorientéierung an der Lëtzebuerger Agrarpolitik an iwwert d'Liewensméttelsécherheet debattéiert haten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann ech virdru gesot hunn, datt am Kader vun de Budgetsdebatten de Secteur primaire meeschtens u leschter Stell kéim, well schliesslech den Haaptinteresse op der Economie, de Finanzen an de Steiere läit, sou wëllt ech awer nach eng Kéier rappeléieren, datt de Statsminister a senger Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, den 3. Mee vun dësem Joer, der Landwirtschaft, an dat am Kontext vun der Liewensméttelkris, hir Importenz fir Lëtzebuerg ënnerstrach huet.

Perséinlech hunn ech d'Ausféierunge vum Statsminister gedeelt a seng Approche zu dësem, dach esou wichtege Secteur apprécieiert. Et kann ee sech hei d'Fro stellen, ob et wierklech zu sou enger grousser Katastroph am Liewensméttelberäich huet musse kommen, fir datt mir, de Konsument, de Politiker an awer och de Bauer selwer erwächt sinn an eis erëm Gedanken iwwer ee Secteur gemaach hunn, deen an eiser Economie vläicht net méi déi Roll spillt wéi virun enger Rei vu Joren, mä deen an der Entwécklung vun der Landschaftsgestaltung an eisem Land eng grouss Importenz huet. Et ass dëst eng vun de Feststellungen, déi schonn zënter Joren ëmmer an ëmmer ënnerstrach gëtt.

Eng weider Feststellung, déi zënter der Lëtzebuerger Présidence am Joer 1997 gemaach ginn ass, an déi d'Zukunft vun der nationaler an der europäescher Landwirtschaft bestëmmen soll a muss, ass deen europäesche Landwirtschaftsmodell, deen de Landwirtschaftsminister Fernand Boden définéiert huet. Dat neit Agrargesetz, dat mir dëst Joer gestëmmt hunn, huet als Haaptobjektiv, dësen europäeschen Landwirtschaftsmodell ze fördern. Nohalteg, kompetitiv, multifunktionell, ëmweltschounend an déiregerecht sinn d'Charakteristiken, déi d'Landwirtschaft vun der Zukunft kennzeechen, an dat gëllt souwuel fir déi konventionell wéi fir d'Biolandwirtschaft.

Well mir dës Woch Diskussiounen iwwer de Budget féieren, wou et drëm geet, Kreditter, déi an d'Landwirtschaft fléissen, ze votéieren, wëll ech ënnersträichen, dass dat neit Agrargesetz Kritären a Konditiounen festgeluegt huet, nodeem dës Kreditter verdeelt ginn. Hei sinn ech der Meenung, datt dem Landwirtschaftsminister seng Iwwerleeungen déi richteg sinn, well se zukunftsorientéiert ausgeluegt sinn, dat heescht Bähëllef kritt deen, dee sech un d'Produktiounsnormen an un d'Kritären hält.

Am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Liewensméttelsécherheet, wou vill Leit sech erëm bewosst gi sinn, wéi wichteg a wéi noutwendeg de Secteur Landwirtschaft an eisem dagdeegleche Liewen ass, gouf ëmmer erëm drop gepocht, fir d'Lat, wat d'Qualitéit vun eise Liewensméttel ubelaangt relativ héich ze leeën.

D'Dispositiounen an d'Konditiounen, wat d'Bähëllef ubelaangt, déi am Budget figuréieren, sinn esou ausgeriicht, dass déijéineg, déi Produktiounskritäre méi wäit erfëllen, och méi Subventiounen kréie kënnen. Duerch déi geziilt Asetzung vu finanziellen Moyenen, an dat no festgesate Kritäre, geet et drëm, eis Landwirtschaft op nei Weeër ze orientéieren, ouni datt mir radikal ëmdenke mussen, well mir schonn zënter Joren an d'Richtung vun enger nohalteger an ëmweltgerechter Landwirtschaft hischaffen. Hei wëll ech ënnersträichen – an dat ass fir mech dat beschte Beispill, datt mir um richtige Wee sinn –, datt méi wéi 90% vun eise Baurebetriber vun der Landschaftsfleegeprime profitéieren. Ech wëll och an dësem Kontext ervirhiewen, datt eis Baure méi wéi 50% vun eisem Territoire fleegen an ënnerhalen.

An dësem Zesammenhang wëllt ech e puer Zuelen an Erënnerung ruffen, déi de Statec publizéiert huet. Op dem Stéchdatum vum 15. Mee 2001 hu mir an eisem Land nach ronn 2.700 Betriber. D'Betribsgreissst, déi 1980 nach bei 25 Hektar lung, läit haut bei ronn 47 Hektar. Mir hunn an dësem Secteur nach ronn 5.400 Beschäftegter. Hei mussen mir feststellen, dass dës Zuel an deene leschte fofzeng Joer ëm d'Halschecht zréckgaangen ass. Ech wëll hei d'Fro stellen: Wéi kréie mir an Zukunft d'Aarbecht gemaach, déi eis Bauere bis elo gemaach hunn, bei ëmmer méi grousser Betriber? Et ass ze begrëssen, datt d'Landwirtschaftsfleegeprime am Laf vun de Jore substantiell gehéicht gouf, mä et geet mam Geld net eleng dur, wann een d'Entwécklung vun der Beschäftigtenzuel an dësem Secteur gesäit.

Och d'Joer 2001 war e schwéiert Joer fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft: BSE, MKS, Agenda 2000 a sou weider hu wäitreechend Konsequenze fir eis Agrarwirtschaft no sech gezunn an hunn zu engem Präisréckgang am Rëndfleeschsektor an an de Céréälë gefouert.

(Interruption)

Mä et ass awer eng Niewenerscheinung, datt d'Akomes erofgeet, Här Fayot.

De Revenu agricole ass erofgaangen, mir sinn elo erëm um Niveau vun ufanks der nongzeger Joren. D'Wiederkonditiounen hu massiv Ausfäll um Niveau vun der Quantitéit, mä och um Niveau vun der Qualitéit bei de Céréälë mat sech bruecht. Den Handel mat der Mëllechquote huet dozou gefouert, dass d'Produktionskäschten an dësem Secteur weider geklomm sinn. Dëst ass de Kontext, an deem sech déi Dispositiounen iwwert d'Landwirtschaft an de Budget 2002 afügen. Ech wëll a menger Interventioun e Bléck an e puer agrarpolitesch Dossiere werfen an déi ervirsträichen. Den Agrarbudget 2002 geet par rapport zum Budget 2001 ëm 4,4% erop, dat si ronn 94 Milliounen Euro. Dës Prozentsaz ass net esou héich, wéi dat fir de Budget am Allgemeinen de Fall ass. Verschidde Moossnamen aus dem Plan de développement rural, deen eng finanziell Enveloppe vun iwwer 14 Milliarde Frang fir d'Joren 2000 bis 2006 virgesäit, sinn elo am neien Agrargesetz verankert, an eng ganz Rei

Kreditter, fir de Baueren ze hëllefen, sinn an de Fonds d'orientation économique et social transféréiert ginn. Doriwwer eraus dréit dës Budget och der Steuerreform 2001 an 2002 Rechnung, obwuel een hei soe muss, datt déi meescht Baueren net substantiell vun dëser Reform profitéiere kënnen, well hire Revenu ze niddreg ass. D'Chambre d'agriculture mécht virun allem dorop opmierksam, datt d'BSE-Kris déif Spuren hannerlooss huet, an datt ronn 80% vun de Lëtzebuerger Betriber vun dëser Kris betraff sinn. Ech kommen nach spéider a menger Interventioun op d'BSE-Indemnitéiten zréck.

Wéi stellt sech d'Situatioun vun de Baueren haut duer? D'nonzeger Jore ware virun allem duerch den Ofbau vun de Betriber an der Main-d'oeuvre agricole gekennzeichnet. D'Netto-Akommes vun de Bauere stagnéiert, an d'Politique agricole commune imposéiert e Präisverfall, fir am Welthandel kompetitiv ze bleiwen. De System vun de Prime kann nëmmen zum Deel dës Perté kompenséieren.

Ech hat a menger Introductioun d'Mëllechquoten ugeschnidden, déi fir eist Land bei 280 Milliounen Kilo leien, mat engem Produktiounswäert vu ronn 3,3 Milliarde Frang. De Mëllechpräis ass konstant, wat d'Produktionsbetriber ubelaangt, esou gesäit een, dass déi Betriber, déi méi wéi 300.000 Kilo produzéieren, substantiell an d'Luucht gaange sinn. Hate mir 1991 nach 6,2% an dëser Kategorie, sou sinn dat am Joer 2000 schonn 19%. Dës Restrukturatioun bréngt mat sech, dat d'Demande fir weider Quoten d'Offer iwwersteigt, mat der Konsequenz, datt de Seuil de rentabilité iwwerschritt gëtt an d'Netto-Akommes no ënnere geet.

Beim Rëndfleisch ass de Präis 1996 erofgaangen an d'Produktioun awer zënterhier staark an d'Luucht. Méi wéi d'Halschecht vun eiser Produktioun gëtt exportéiert. De gréissten Deel vun dësem Fleisch geet an d'Transformatioun. Dobäi muss een och nach soen, dass de Präis tëschent 20 bis 35% méi déif läit wéi hei am Land. Wann een awer gesäit, dass den europäesche Marché saturéiert ass, an datt mir hei zu Lëtzebuerg net esou vill Fleisch an der Veraarbechtung hunn, soll ee sech an dësem Kontext iwwerleeën, ob mer net déi néideg budgetaire Mëttelen virgesi missten, fir mat de Produzenten an dësem Beräich vill méi aktiv ze ginn, soudatt mir d'Wäertschöpfung vum Fleisch bei eis behalen.

Wat d'Rëndfleisch ubelaangt, sou wëllt ech e puer Wuert iwwert d'Problematik vun der BSE-Entschädigung verléieren. De Minister huet een Dossier zesummegeallt, mat engem Total vu ronn 195 Milliounen Frang Entschädigung. Op Berufssäit ginn d'Verloschter op ronn 400 Milliounen chifféiert. Well dësen detailléierten Dossier op Bréssel geschéckt muss ginn, an et op kee Fall zu enger Iwwerkompensatioun duerf kommen, dat heescht, et ka keng politesch Décisioun an dësem Dossier geholl ginn, wäert d'Kommissioun eng kritisches Analys vun den Donnéeën maachen. Iwwerdrifwe Forderunge kéinten

deemno bei eventuelle Kontrolle kontraproduktiv ginn, an domadder wier kengem gehollef. Dofir solle mir d'Resultat vun der Analyse vun der Kommissioun ofwaarderen, a gegebenenfalls no anere Méiglechkeete sichen, fir op nationalem Plang zousätzlech Akzenter ze setzen, zum Beispill an der Diversifikatioun, der Qualitätsorientéierung an den alternative Produktiounen. Wat de Rëndfleischsektor ubelaangt, sinn an deene leschte Joren eng ganz Rei Initiativen ergraff ginn, fir dëse Sektor ze relancéieren. Ech denken hei un d'Aféierung vu Qualitätslabelen wéi «Produit du terroir», «Cactus-Fleisch vum Lëtzebuerger Bauer», «Véi vum Séi» a sou weider.

D'Diversifikatioun an eiser Landwirtschaft muss an de kommende Jore weidergedriwwen ginn, wa mer méi kompetitiv gi wëllen. De Budget vun 2002 gesäit an dësem Kontext eng finanziell Ënnerstëtzung bei dem Bau vu Schwängsmäschtereie vir, wann de Cahier des charges den Normen vun der Marque nationale, déi hannerlooss produzéiert gëtt, entsprécht. D'Steigerung an der Produktioun vun Hame vun der Marque nationale vun 2.000 am Joer 1991 op 27.000 am Joer 2000 weisen, dass dës de richteg Wee ass. Hei wëllt ech de Minister froen, ob hie gewëllt ass, dës Programm och op aner Fleischprodukter wéi Zooss an esou weider ausdeenen, an da weider budgetaire Mëttelen zur Verfügung ze stellen. Wa mir dës Qualitätsprogrammer duerchzéien, sinn ech der fester Meenung, dass mir am Schwängssektor mëttelfristeg den Taux d'autosuffisance, dee momentan bei 60% läit, substantiell erhéije kënnen. De Sanitel-System, fir deen och weiderhin Mëttelen am Budget zur Verfügung stinn, spillt hei eng wesentlech Roll, fir d'Traçabilitéit vun de Produkter nozeweisen. Nëmme 3% vum Geflügelfleisch a vun den Eeër ginn an eisem Land produzéiert. Am Kader vun der Diversifikatioun vun eiser Landwirtschaft kann dës Produktioun eng Alternativ fir vill Bauere sinn. Am Budget sinn 100.000 Euro virgesinn, fir eng Etude de faisabilité ze maachen, well am Moment d'Produktionsmethoden net géeegegen sinn, fir um Maart bestoen ze kënnen. Wann et awer nëmme bei der Etüd bleift, wäerte mer och an Zukunft an dësem Sektor absolut Importland bleiwen.

Wat de Gromperenubau ubelaangt, sou ginn zum gréissten Deel nëmme méi Setzgrompere ugeplanzt. Och hei kéint ee sech Gedanken maachen, ob et net méiglech wier, nei Weeër am Ubau vun lessgromperen ze maachen. An der Chambre d'agriculture an och am Naturpark Uewer-Sauer ginn Efforte gemaach, fir an dëser Richtung eppes ze ënnerhuelen.

Bei de Céréalen hu mer Präisabusse bis zu 30%, déi zwar deelweis duerch Präisennerstëtzunge kompenséiert ginn, mä leider sinn dës net héich genuch.

An all dës Beräicher ass et awer ze begrëssen, dass d'Regierung an deene leschte Jore grouss finanziell Efforte gemaach huet, fir de Präisverfall opzefänken, mä och hei sinn d'Eegeninitiativ vum deene concernéierte Kreiser erwünscht an erfuerdert.

Ech ginn och net midd, op d'Realisatioun vun enger Zone horticole hinzewiesen an ze insistéieren. De Budget 2002 gesäit ee Kredit vir, fir eng Etüd iwwert den Aménagement an d'Planifikatioun vun enger Zone horticole zu Contern ze maachen. Lëtzebuerg huet um Niveau vum Uebst- a Geméisubau an den nonzeger Joren een Handelsdefizit vun 3 Milliarde Frang mat engem Maartundeel vu knapp ee Prozent. Trotz deene villen Démarchen an Ustrengungen, déi an de leschte Joren ënnerholl gi sinn, bedauern ech, datt mir nach ëmmer eréischt an der Phase vun der Planifikatioun sinn. Am Agrargesetz si 25 Milliounen un Investitiounshëllef virgesinn, mä et muss een och bedenken, dass de Käschtepunkt pro Hektar Zär bei ronn 35 Milliounen leie wäert.

Ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass sech d'Efforte vun der Regierung bezuelt maachen, wa mir konsequent den Opbau vun enger Maartstruktur mat Lëtzebuerger Uebst a Geméis opbauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech schonn uganks ugedeit hunn, ass de Stellegwärt vun der Landwirtschaft fir eist Land nach ëmmer ganz grouss. Et ass virun allem d'Roll beim Ëmweltschutz, deen an de leschte Joren ëmmer méi grouss ginn ass. Aus deem Grond sinn d'Agrar-Ëmwelt-Moossnamen ëmmer méi staark ausgebaut ginn, a si spillen ëmmer méi eng wichteg Roll. D'Landschaftsfleegeprime, d'Extensivierungsprimen, d'Bäihëllef fir d'Bio-Landwirtschaft, d'Subventiounen fir Biogasanlagen, déi bis zu 60% goe kënnen, d'Reglement iwwert d'Biodiversitéit, déi nohalteg Entwécklung am Bësch, d'Entwécklung vum ländleche Raum a sou weider si Moossnamen, déi eis an Zukunft och am Secteur Landwirtschaft virunhëllef wäerten.

Am virechten Agrargesetz waren aacht Milliarde Bähëllef virgesinn, fir fofzeng Joer; elo sinn et der 14 Milliarde fir siwe Joer. Zousätzlech Efforte sinn och an deem Budget virgesinn. Ech begrëssen dat, ouni awer ze verkennen, dass nach munches frësch op de Leescht geholl kann a muss ginn. Ech denken hei besonnesch un d'Installatiounsproblematik vum jonke Bauer, mä hei huet och Brëssel e Wuert matzeschwätzen.

Een neie Käschtefacteur, deen op eis Baueren zoukënnt, ass d'Erhéijung vun der TVA um Niveau vun de Planzeschutzmëttel, wat dann eng weider Reduktioun vum Netto-Akommens bedeit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, «en vue de poursuivre l'amélioration de la formation agricole, la construction de nouveaux lycées techniques agricoles constituera une priorité.» Esou steet et am Accord de coalition vum August 1999 blo op schwaarz geschriwwen. Ech hunn am Laf vun deene leschte Joren zwou oder dräi Motiounen an deem Kontext an deem Haus déposéiert, a wann ech mech gutt erënneren, sinn déi och unanimement ugeholl ginn. Op der Diplom-iwwerreechung, gëschter am Lycée technique agricole, ass vun alle Riedner op d'Wichtegkeet vun enger gudder

Ausbildung higewise ginn, an dorobber, dass d'Infrastrukture net méi zäitgeméis sinn. Ech wëll lo net an all Detail vun där, a mengen Aen, traureger Geschicht vun dëser Schoul agoen, wat den Aus- respektiv den Neibau ubelaangt. Wann eis Baueren d'Haaptaffer vun der Liewensmëttelkris sinn, da ginn d'Schüler aus der Akerbauschoul d'Haaptaffer vu politischem Gerangels, wa mir an deem Dossier kuerzfristeg näischt ënnerhuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ware meng Iwwerleeungen zum Agrarbudget 2002. D'Agrarpolitik bleift och an deenen nächste Joren en däreg Dossier. Et ass un der Politik an un der Landwirtschaft selwer, gemeinsam Efforten ze maachen, fir allen Ufuerderungen a puncto Liewensmëttelsécherheet, Ëmweltschutz, déiregerecht Haltung an awer och wirtschaftleche Perspektive Rechnung ze droen, an domat eis Landwirtschaft op stabile Fundamenter ze verankeren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem Rapporteur ze félicitéieren, obschonn ech als President vun der Ëmweltkommissioun a sengem Rapport d'Wuert Ëmwelt net erëmfonnt hunn, grad esou wéi ech et an deem Débat bis ewell vermësst hunn. D'Ëmweltproblematik schéngt a sech kee Problem méi ze sinn. Et fält engem och op, dass gréisstendeels keng Kriticken un den Ëmweltministère gaange sinn, a wa Kriticken erauskomm sinn, wat d'Ëmweltproblematik ugeet, da si se gréisstendeels...

(Interruption)

Här Gira, elo lauschtert Der no.

(Hilarité)

...laanscht den Ëmweltministère gaangen an haaptsächlech u Ministèren, déi sech deenen outgesourceten Domänen, déi fréier emol am Ëmweltministère waren, ugeholl haten. Ech schwätzen hei haaptsächlech vun der Waasserpolitik, wann et ëm d'Kriticke gaangen ass.

Op där anerer Säit ass d'Wuert Ëmwelt dann awer gebraucht ginn am Kontext vun der Nohaltegkeet. Mä Virriedner huet déi nohalteg Politik ënnerstrach, déi am Landwirtschaftsministère gemaach gëtt. Eng Partie Leit hu vun der Transportpolitik geschwat, déi haut méi Ëmweltpolitik wär wéi eppes anescht.

Et ass och richtig, dass den Ëmweltministère net deen allgréissten ass oder net deen allgréissten Undeel vum Budget huet. En huet nach just 0,5%, kennt allerdings dëst Joer mat 20,6% eng relativ spektakulär Progressioun. Et ass ee Budget mat 32 Milliounen Euro, deen ähnlech läit wéi dee vun der Recherche, déi eng ähnlech Progressioun kennt. De Statsrot huet awer gemengt, missen ze ënnersträichen, dass déi substantiell Progressioun vun deem Budget gerechtfertegt wär, fir deen ambitiöse Programm ze finanzéieren, deen

dëse Ministère sech virgeholl huet a wou de Bien-fondé indiscutabel ass.

Nun, wou geet de Gros vun de Gelder hin, déi am Ëmweltministère sinn? Haaptsächlech ginn d'Gelder an de Klimaschutz fir d'Förderung vun erneierbaren Energien a fir d'Stroumproduktioun opgrond vun erneierbaren Energien, respektiv fir méi eng rationell Produktioun vun Energie, wat alles natierlech als But huet, d'CO₂-Emissiounen, zu deene mir eis am Kioto-Protokoll engagéiert hunn, erfzesetzen.

Et handelt sech hei ëm e Subsidereglement, wat dëst Joer eng Progressioun vu 50% kennt. 2001 waren eng Millioun Euro virgesinn. Dee Chiffer geet d'nächst Joer op 1,5 Milliounen erop. De Kredit, mat deem dee Stroum ënnerstëtzt gëtt, deen aus erneierbaren Energien erauskënnt, notament wat de Wand, d'Waasser, d'Biomass ugeet, wou et ee Frang Zouschoss gëtt a 25 Frang fir dee Stroum, deen iwwert d'Fotovoltaik produzéiert gëtt, geet vun 0,5 Milliounen Euro op 1,5 Milliounen Euro erop.

Et steet dann een neie Kredit dran, dee fir mech op d'mannst grad esou wichteg ass wéi déi aner zwee, an zwar deen, fir Energie ze spuren. Hei sinn eng Millioun Euro virgesinn, fir de Leit ze hëllefen, Isolatiounsmoosnamen duerchzezéien. Ech schwätze vun der thermescher Isolatioun vun de Baussemueren, vun den Diech a vun den Dallen, en plus vun enger besserer Verglasung. Dat alles dréit zu engem méi héije K-Wäert bäi.

Dës Subside sollen de Leit zougestane ginn iwwert dee sou genannten Energiepass. Dat ass e Reglement, wat muss geholl ginn, wou ech mer awer soe gelooss hunn, dass et fäerdeg war a wat am Kader vun dem Carnet de l'habitat presentéiert soll ginn. An deem Sënn géif mäin Appel un de Ministère vum Logement goen, dach dee Carnet de l'habitat ze presentéieren, fir dass dat Reglement iwwert d'Isolatioun och ka Wourecht ginn. Et ass immens wichteg, dass dat Reglement ëmgesat gëtt an dass mer d'Isolatioun ënnerstëtzen an deem Sënn, wou ee weess, dass 30% un Energie kënnen iwwer Isolatiounsmesuren agespuert ginn. Dat ass dat, wat mir als meescht zum Klimaschutz zu Lëtzebuerg kënnen bäidroen.

Op där anerer Säit hunn de Stat an d'Gemengen och eng gewësse Verantwortung, do e Bäitrag ze leeschten. Si sinn ëmmerhi verantwortlech fir 40% vum Volume vun den Neibauten. An deem Sënn ass et dann och wichteg, dass d'Kreditter fir den Ëmweltfong eropgesat ginn an dass déi Gelder och säitens de Gemengen dofir dinge fir Investitiounen an erneierbar Energien, respektiv an eng rationell Notzung vun der Energie. Dës Dotatiounen gi par rapport zum leschte Joer vun 2,5 Milliounen op 4,2 Milliounen Euro erop.

Den Ëmweltfong, deen an der Vergaangenheet ëmmer nëmme gebraucht ginn ass, fir Projeten am Waasser, respektiv an den Déchete fir Assainissementsprojekter ze subventionéieren, respektiv Déchetsprojeten, gëtt natierlech ausgebaut op Energieprojeten, an awer och

op Investitiounen, déi d'Gemengen am Naturschutz kënnen maachen. Dat ass richteg esou.

Dir wësst alleguer, dass mer an der zoustänneger Ëmweltkommissioun mat engem Gesetzesprojet befaasst sinn, deen a sech dat aktuell Naturschutzgesetz net nëmme soll reforméieren, mä deen och déi sou genannten Habitat- a Vulleschuttdirektiv en considération zitt, fir dass mer eis kënnen mat der europäescher Législatioun gläichsetzen. An deem Sënn hoffe mer, dass de Statsrot deemnächst säin Avis presentéiert, fir dass mer an der zoustänneger Kommissioun eis kënnen deemem Sujet unhuelen. Et ass ganz wichteg, dass déi néideg législativ Instrumenter geholl ginn, dass mer eise Responsabilitéiten a puncto Naturschutz gerecht kënnen ginn.

Déi wirtschaftlech an demographesch Entwécklung vun eise Land ass esou, dass et ëmmer méi zu enger progressiver Verschlechterung vun eiser natierlecher Ëmwelt kënnt a mer dach awer d'Responsabilitéit hunn, déi ze erhalen.

Eng vun den Haaptausgaben am Ëmweltministère – plus ou moins d'Halschent vun den Dépenses courantes – ass déi vun den Eaux et Forêts, an déi 11 Milliounen Euro all Joer ginn.

Mir hunn am Laf vum Joer an der Ëmweltkommissioun een Audit presentéiert, wou eng Analys gemaach ginn ass vum Fonctionnement vun den Eaux et Forêts, Audit, deen drop eraus soll goen, fir dës Verwaltung esou ze organiséieren, dass hir Kompetenzen emol klor sinn a se mat deene Gelder, déi se kascht, méi effikass schaffe kann, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Selbstverständlech ass d'Nohaltegkeet ee vun de Sujeten, deen am Laf vum Joer d'Politikberäicher alleguer soll begleeten. Mir wollten ausgangs Januar, uganks Februar eng sachlech Debatt doriwwer féieren, esou wéi dat och vun e puer Virriedner, dem Här Schank an dem Här Graas, ervirgehewe ginn ass. Et ass net un der Ëmweltkommissioun, déi Debatt eleng ze féieren, selbstverständlech sollen och aner Kommissiounen sech dru bedeelegen, notament déi vun der Wirtschaft, dem Transport, der Landwirtschaft an d'Immigrationskommissioun. Dat wëlle mer dëst Joer maachen.

Mir wëllen awer och d'Regierung invitéieren, sech Gedanken driwwer ze maachen, awéiwäit d'Steierreform vun 2003 ka mat enger ekologescher Komponent behaft ginn. D'Regierung hat sech am Koalitiounsaccord engagéiert, eng Faisabilitéitsetüd ze maachen a wéiwäit een op iergendeng Manéier eng Ökotax an eis Steiergesetzgebung kënnt mat erafléisse loossen. Eis Kommissioun bedeelegt sech gären dodrun. Mir si souwéisou mat enger Motioun an der Finanzkommissioun befaasst, déi sengerzäit, am Kader vun enger Debatt hei an der Chamber, dohi verwise gi war, wéi mer iwwert d'Ökosteieren hei diskutéiert hunn.

Et wieren nach eng Partie Saachen zum Ëmweltdossier ze soen, mä fir d'Zäit net zevill an Anspruch ze huelen,

géif ech domat ofschléissen an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen. Ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun nach eng Kéier zrëckkommen, an dat wäert lech net wonneren, op e Sujet, deen direkt mam Budgetsprojert 2002 ze dinn huet, well en eng vun den Neierungen ass, déi à partir vum 1. Juli 2002 hiren Nidderschlag mat enger Dépense vun 900 Milliounen virweisen, a weider well eng Rei vu Kollegen, de Rapporteur selwer, de Kolleg Lucien Weiler, de Kolleg Gibéryen an de Kolleg François Bausch an hiren Interventiounen zu deem Deelresultat vum Rentendësch Stellung geholl hunn.

De Premier huet e Freideg am Briefing fir d'Press an um Uschloss zum Regierungsrat vum 8. Dezember matgedeelt, dass de Projet de loi, deen all d'Resultater vum Rentendësch englobéiert, op den Instanzewee geschéckt ginn ass.

Am Zesammenhank mat de Baby-Joren an dem Forfait d'éducation huet e matgedeelt, dass et dobäi bleift, dass eng Erziehungspauschal agefouert gëtt. Ech zitieren d' "Lëtzebuerger Wort": "Für jene Frauen, die keiner entlohnenden Arbeit nachgingen." En huet weider matgedeelt, dass et bei de Baby-Joren zu enger Neierung kënnt, à savoir dass net méi cotiséiert gëtt vum Stat aus während deenen zwee Joer Paus op eemol de Mindestloun als Maximum mä op annerhallefmol de Mindestloun "während der möglichen zweijährigen Ruhepause", wéi d' "Lëtzebuerger Wort" et och hei prezisiert.

Déi Décisiounen do, wann et sollt derbäi bleiwen, hunn eis enttäuscht, an déi Enttäuschung wëlle mer de Mëtteg nach eng Kéier hei soen.

(Interruptions diverses)

Ech weess net firwat, Här Minister, dass mir an der Oppositioun eis mussen zu Eunuche maachen an ofwaarden an net kënnen um politeschen Débat eis bedeelegen.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Dir sidd enttäuscht iwwer Saachen, déi net stëmmen. Dat ass de Problem.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Lux (LSAP).- Här Minister Boden, ech verstinn Är Opreegung wirklech guer net, well aus allen Zeitungen, op der Televisioun, am Radio ass ganz prezis eriwergaangen, dass et géng bei der Formule bleiwen, wéi se um Rentendësch zrëckbehale ginn ass, nämlech Forfait d'éducation fir déi Fraen, déi keng eege Renterechter hätten. Parallel dozou ass gesot ginn, bei de Baby-Jore geet et vun eemol op annerhallefmol de Mindestloun fir déi Fraen, déi vun där Ruhepaus profitéiert hunn. Ech zitieren dat, wat an allen Zeitunge stong. Ech wäert mer wuel d'Recht kënnen hei huelen a vun lech et net ewechgeholl kréien, fir dat ze kommen-

téieren, wat de Statsminister himself um Uschloss un de Briefing gesot huet.

Wann de Mueren, Här Boden, de Regierungsrat iwwert déi do Dispositiounen nach eng Kéier diskutéiert an délibéréiert huet, da stëmmt et och net, wat de Statsminister gesot huet, dass dee Projet e Freideg ofgeschloss ginn ass an op den Instanzewee bruecht ginn ass, well dat steet nämlech och am "Lëtzebuerger Wort" an dofir loosst mech meng Argumenter zu där Diskussioun virdroen. Déi Polemik do war vun Ärer Säit onnëtz.

Ech hat d'Gefill, dass an deesen Deeg...

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Ech hat gemengt, Dir wäert méi gewinnt wéi esou.

M. Ben Fayot (LSAP).- Den Här Minister Boden ass de Mëtteg schéi gelueden.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Et stéiert mech just, wa Leit ëmmer erëm Saache soen, déi net richtig sinn. Dat ass de Problem. Dat kënnt leider ze oft vir an deem Haus.

M. le Président.- Den Här Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, ech fannen et net gutt, dass den Här Boden elo nach eng Kéier widderhëlt, dass ech hei net d'Wourecht zielen, wann ech just dat erëmginn, wat de Statsminister e Freideg am Briefing gesot huet. E soll domat ophalen, well ech rapportéiere just dat, wat an den Zeitunge steet. Wann ech glift!

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Här Lux, ech war am Regierungsrat derbäi, an ech weess, dass do och aner Saachen décidéiert gi sinn. Dat stong vläicht net an der Zeitung, dat ass méiglech.

M. Lucien Lux (LSAP).- Hätt Der net vläicht besser, Dir géngt dem Premier dat do zielen, am plaz mir meng Zäit hei ze klauen.

Des voix.- Oho!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen.

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, ech hat souwéissou d'Gefill an deene leschten Deeg hei an der Chamber, dass an den Diskussiounen tëschent den Deputéierten, och tëschent Majoritéit an Oppositioun, eng ganz Rei vun Diskussiounen zu deem Sujet stattfonnt hunn. Ech hunn nogelauschert, wat vun CSV-Säit gesot ginn ass, an zwar, dass déi Dispositiounen nach net esou klar wäeren an dass iwwert déi nach an deenen nächste Woche géif diskutéiert ginn. Dat war jiddefalls vill méi moderéiert a verstänneg wéi dat, wat mer elo héieren hunn.

Ech hu virun allem héieren, dass Der vill der Meinung sinn, dass mer ganz gutt mussen oppassen, fir dass d'Ausrichtung vun deem Forfait an d'Diskussioun ronderëm d'Baby-Joren an enger Approche geschéien,

déi net eleng eng Vue op fréier an op déi 50er a 60er Jore werft, mä dass mer och e Bléck no vir geheien, dass mer op déi Lëtzebuenger Gesellschaft um Niveau vun der Situatioun vun de Fraen, déi, déi doheem bleiwen an am Haushalt schaffen, déi, déi géint Gehalt oder Loun schaffen, sollten eng Vue geheien op eng Gesellschaft, esou wéi se sech haut presentéiert an net esou wéi se sech eleng an de 50er Jore presentéiert huet.

Ech wëll emol net méi Stellung huelen zu Gerüchter, déi et och gëtt, dass de Statsminister drun denkt, dësere Mesure en temporaire, en zäitlech befristete Charakter ze ginn. Och dovir géif ech warnen. Et géif een e politesche Feeler maachen, wann ee géing mengen, et kënnt een elo esou Dispositiounen abauen, fir se an 10 oder a 15 Joer ofzeschaffen. Dat wäert wuel hei zu Lëtzebuerg kaum méiglech sinn.

Mir hunn um Rentendesch, an ech hunn dat virdu scho gesot, décidéiert gehat, fir de Forfait d'éducation ze beschränken op déi Fraen, déi keng eege Renterechter hunn. Ech mengen, dat ass den Text, esou wéi e vum Rentendesch zréckbehal ginn ass. Mir hu schonn deemools um Rentendesch selwer an duerno drop higewisen, dass mer e Problem géife kréien, well bei enger Rei vu Fraen, déi zum Beispill zum Mindestloun cotiséiert hu während hirer Carrière, dann déi zwee Babyjoren net dat géifen ausmaachen, wat de Forfait d'éducation géing ausmaachen.

Ech mengen, mir kënnen eis un déi Diskussioun erënneren. Déi éischt Äntwert op déi Diskussioun, déi mer do gefouert hunn, ass ebe just déi Proposition, déi do virlät, fir de Plaffong ze hiewen vun eent op annerhalleftmol de Mindestloun, da komme mer no bei 80.000 Frang, a mir sinn dann, wann een dat ofrechent, no bei engem Betrag, deen dann déi 3.000 Frang brutto ausmécht. Ech mengen, do huet d'Regierung e Pluspunkt verdéngt, well se op déi Diskussioun, déi mer do gefouert hunn, och versicht huet, eng Äntwert ze ginn.

Kënnt dann déi Diskussioun, déi mer jo och an deene leschten Deeg a Woche gefouert hunn, am Zesammenhang mat dem Prinzip: Kann een de Forfait d'éducation géint Babyjoren oprechnen? Soll een déi zwou Saachen d'selwecht kucken? Geet een dovun aus, dass also de Forfait eng Kompensatioun ass, fir Babyjoren, vun deenen also Frae profitéieren, déi während zwee Joer ophalen, fir vum Stat cotiséiert ze kréien?

Mir hu gemengt, nodeem mer eis mat dem Sujet laang ausernee gesat hunn, dass et definitiv, an eisen Aen, heescht, Äppel mat Biren ze vergläichen, wann een d'Babyjoren an de Forfait d'éducation op een an deeselwechten Niveau setzt. Wann een zréckgeet an d'Diskussiounen 1987 bei dat éischt Gesetz, dat d'Babyjoren deemools agefouert huet à partir vum éischte Januar '88, da gesäit ee ganz kloer, an den Här Weiler huet dat hei genannt "eng akademesch Diskussioun", dat mag sinn, dat ass a sech den Numm fir d'Diskussioun, ech respektéieren och, wann een do

eng aner Meenung dozou huet, ech si just der Meenung, mat eiser Fraktioun, dass effektiv dat eent eng rentepolitesch Moosnam ass, déi am Rahme vun der Sécurité sociale sech ofspillt, an op där anerer Säit mer eng familljepolitesch Moosnam hunn, sou heescht de Forfait d'éducation, fir also d'Honoratioun vun der Erzieungsleeschtung, déi all Mammen, an heiansdo och Pappen, am Laf vun hirem Liewe bruecht hunn.

Wann een den Exposé des motifs vun 1987 nach eng Kéier noliest, dann ass et ganz kloer, dass d'Aféierung vun de Babyjore war, fir ze verhënnere, dass d'Interruption vun enger Carrière zu onkomplette Rente-carrière géing féieren, mat all deem, wat mer u Problemer haten, mat de Leeschtungen, déi herno dobäi erauskomm sinn, an dat war jo ee vun de Sujeten, dee mer um Rentendesch diskutéiert hunn.

Si hu sech also bezunn op déi zwee Joer Carrière-Ënnerbriechung mat alle Problemer, déi domat verbonne sinn, och wat de Coût an och herno d'Schwieregkeet erëm zréck an den Aarbechtsmaart betrëfft, a wann een och kuckt, an déi Méi hu mer eis och nach eng Kéier gemaach, fir nozeliesen, wat d'Spriedere vun der CSV 1987 am Débat, dat war genau de 16. Juli '87, zu de Babyjore gesot hunn, dat waren d'Mme Astrid Lulling an d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, och déi hunn an hire Rieden, an dat ass nozeliesen, kloer gemaach, dass d'Babyjoren eng rentepolitesch Moosnam ass, a si hunn och gefuerdert, dass parallel dozou fir déi Fraen, déi net berufstäteg sinn, d'Méiglechkeet vun enger fräiwëlleger Weiderversécherung sollt opgemaach ginn.

Dat huet allerdings zwielef Joer gedauert, well mer dat jo réischt 1999 an deem Projet dann och agefouert hunn. Dat war also och fir si de Corollaire: Op där enger Säit d'Babyjoren an op där anerer Säit déi Mesurë vun 1999, an et geet do net Rieds, dass d'Babyjore sollen iergendwéi d'Erzieungsleeschtung an iergendengem Mooss honoréieren, mä et war eng Moosnam vun der Sécurité sociale.

(Interruptions)

Wann een doriwwer eraus sech och virun Aen hält, an ech woen dat elo bal net ze soen, fir net erëm vum Här Boden vernannt ze ginn, ech soll waarden, bis de Projet de loi virlät, wann een dat – Kolleg Weiler an der akademescher Diskussioun – à ce stade haut och matenee vergläicht: Géif dat och heeschen, dass mer géinge vum Stat aus, vum Budget, vun der Allgemengheet, géifen higoen, a mir géingen de Forfait d'éducation op där enger Säit, dee kënnt heeschen, dass mer fir eng Fra fir zwee Kanner während 20 Joer während zwielef Méint 3.000 Frang pro Kand géinge bezuelen, dat wär dat, wat den Apport wär, um Niveau vum Forfait d'éducation fir déi Fra?

Wa mer näischt änneren, géif dat op där anerer Säit heeschen, dass den Apport, deen d'Allgemengheet awer bréngt bei de Babyjoren, nëmmen déi Cotisatiounen während deenen zwee Joren duerstelt? Während jo dann

déi Renteleeschung, déi aus deenen zwee Joer entsteet, herno eng Partie intégrante vun der Rent ass a vun de Pensiounskeese bezuelt gëtt?

Dat heescht also, och do weist et ganz kloer, dass, wa mer net bis zum Enn denken, mer och an der Finanzéierungsfro eis eppes aneschtens mussen afale loossen, well soss si mer och do an der Finanzéierung an an der Belaaschtung, déi dat heescht, beim Forfait d'éducation fir de Budget, a wat dat op där anerer Säit heescht bei de Babyjore fir de Budget, respektiv fir d'Pensiounskeesen, net op deemselwechten Niveau.

Ech waarden also drop, dass mer och dorobber eng Äntwert solle ginn, wa mer an deem Gedankegutt do weider bleiwen, fir dann och op deem Niveau eng coherent Äntwert ze ginn.

Ech denken och, dass de Forfait d'éducation sou heescht, fir net op där anerer Säit elo ëmfonctionnéiert ze ginn an eppes, wat en net soll sinn. Ech héieren och, dass de Kolleg Gast Gibéryen seet, mir sinn hei am Thema vun der Hausfraerent. Ech mengen net, dass mer am Thema vun der Hausfraerent sinn, och déi Klorstellung wär noutwendeg.

Mir hunn als LSAP näischt dergéint, iwwert den Thema vun der Hausfraerent ze schwätzen, mä dat heescht awer dann, den Thema vill méi grouss opzemaachen. Dat géif awer dann heeschen, dass mer wierklech bal eng gesellschaftspolitesch Diskussioun mussen féieren iwwert dat, wat mer an der Partnerschaft zwësche Männer a Fraen an deenen nächste Jore wëlle maachen. Dat heescht och dann, dass mer d'Relatioun an de Wäert vun der Hausaarbecht par rapport zu der Erwerbsaarbecht och mussen mol profund analyséieren an diskutéieren. Dat heescht dann ze schwätzen iwwert de Statut vun der Hausfra oder vum Hausmann, hoffentlech geschlechtsspezifesch diskutéiere mer jo wuel net méi no de Gesetzter vun 1972, déi mer eis ginn hunn.

An dat heescht och, an ech hoffen, dass jiddferee sech dees dann och bewosst ass, deen an där Richtung do argumentéiert, dass, wa mer iwwert d'Hausfraerent schwätzen, mer da forcément och mussen iwwert d'Individualiséierung schwätzen, well mat der Hausfraerent ënnerhiege mer och de Prinzip vun den Droits-dérivéen. Da mussen mer also och parallel dozou kucken, wéi mer dann eng Äntwert ginn an der Fro vun der Individualiséierung, an do gëtt et jo eng Rei vu Virschléi, et gëtt Pisten, déi de Conseil National des Femmes a senger Etüd opgemaach huet, et gëtt e Modell, deen déi Gréng proposéiert hunn, et gëtt Virschléi, déi mir am Rentendesch dohinner geluegt hunn, fir éischter iwwert de softe Wee vun der Individualiséierung ze kucken, um Niveau vun Erzéungszäiten, Ausbau vun de Babyjoren asw., éischter an déi Richtung ze goen, an net esou e radikale Schnëtt ze maachen, wéi e vläicht vun anere proposéiert an ëmgesat gëtt.

Et ass also wichteg, an eisen Aen, dass mer net Äppel mat Bire vergläichen, an et ass wichteg, dass mer

wëssen, wat mer iwwerhaupt wëllen, dass mer och d'Zil wierklech erreechen, well och do hunn ech largement d'Gefill, wann een d'Literatur an deene leschte Woche sou gelies huet, dass an eenzelne Parteien – d'CSV, fir se net ze nennen, huet sech do am meeschten ervirgedoen – et net ëmmer kloer war. Wann deen ee geschwat huet, da war et éischter Hausfraerent, a wann en anere geschwat huet, war et éischter Forfait d'éducation, war et éischter Erzéungsleeschung. Och do mussen mer also, wa mer d'Zil wëllen erreechen, och eis kloer sinn, wat mer wëllen hunn.

Mir hunn de Virschlag gemaach, an der Proposition de loi an och an där Campagne, déi mer gemaach hunn, fir ze soen, dass mir der Meenung sinn, mir sinn hei am Domän vun der Familljepolitik, mir sollten all Mammen, a parallel dozou och all Pappen – an deene Fäll wou dat zoutreëft, Gott sei Dank –, mir sollten also dofir suergen, dass se alleguer gerecht behandelt géife ginn, an alleguer fir déi Erzéungsleeschung, déi se gemaach hunn, déi eng hu se gemaach ënnert deene Konditiounen fir doheem ze bleiwen, dat ass hire Choix, an deen ass ze respektéieren, an anerer hunn et ënnert oft méi schwierege Konditiounen nach gemaach doduerch, dass se Beruff an Erziehung vun de Kanner versicht hunn, ënnert een Hutt ze bréngen, also eng gerecht Léisung ze sichen am Rahme vun der Familljepolitik, an dat war jo och um Rentendesch, déi, déi dobäi waren, wëssen dat, dass mer alleguer dofir plädéiert hunn, mat Ausnahm am Ufank vun der CSV, fir ze soen, mir sinn hei am Domän vun der Familljepolitik, dat war jo ee Grond och, firwat dass kloer gesot ginn ass, d'Finanzéierung därer net iwwer Pensiounskeese geschéien, dat war jo den initiale Virschlag vun der CSV, mä d'Finanzéierung muss geschéien iwwert de Budget, well hei d'Allgemengheet gefrot ass, well mer an deem Kader sinn.

Ech wëll dofir och nach eng Kéier soen, och nodeem wat de Statsminister e Freiden als Resultater vum Regierungsrot gesot huet – d'Mme Müller an d'Mme Schmit, mengen ech, hu se geheescht –, bleift et dobäi bei deem Beispill, wat mer gesot hunn, dass déi eng, déi doheem bliwwen ass, vun dem Forfait d'éducation profitéiert, an déi aner weder vu Babyjoren, wa se weidergeschafft huet, nach vum Forfait d'éducation profitéiert, dat ass jiddefalls d'Sachlag, esou wéi se war.

Ech muss och soen, dass, wann een nach bereet ass, a wa mer nach bereet sinn ze diskutéieren, Kolleg Weiler...

(Interruption)

...iwwert déi Fro, déi ech virdu gesot hunn, "Babyjoren a Forfait d'éducation, sinn déi géinteneen opzerechnen?", dann hu mer kee Verständnis dofir, dass eben déi Fraen, déi de Choix gemaach hunn, fir net nëmme schaffen ze goen, mä dann, wa se Kanner kréien, och weider ze schaffen, weder vum Forfait d'éducation, nach vun de Babyjore klorerweis solle profitéieren.

Ech géif nach eng Kéier gären, wat op anerer Plaz scho geschitt ass, dat Beispill soe vun där Fra, déi fir de

Mindestloun schaffe geet bei de Bankdirekter an do während 30 Joer schafft an zwee Kanner kritt a weiderfiert mat schaffen, well se dat Geld einfach brauch an um Enn vun esou enger Carrière eng kleng Rent kritt, kee Forfait d'éducation a keng Babyjoren...

(Interruption)

Dat ass eng aner Saach. D'Sachlag vun e Freiden ass eng aner, a mir müssen also dofir suergen, dass dann net op där anerer Säit d'Fra vum Bankdirekter, déi de Choix mécht, respectable Choix mécht fir doheem ze bleiwen, dass déi herno zweemol 3.000 Frang fir hir Kanner kritt, dat ka wuel net de Prinzip si vun der Gerechtegkeet, wéi mer e gesinn hunn.

Wann ech de Rapport, oder den Avis villméi vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gelies hunn zum Budget, da wëll ech dee Saz just erausliesen, dat kënnt mir net esou oft vir,...

(Interruption)

...dofir sidd Der esou erstaunt...

(Interruptions)

...Dir kuckt mech, ech hu mat deene guer net geschwat, dat gehéiert net onbedéngt zu mengen dauernden Interlocuteurs.

Si schreiwen an hirem Avis: "Il devra notamment être veillé à ne pas discriminer les mères qui ont continué à travailler souvent à temps partiel et pour revenu modeste pour réussir à joindre les deux bouts et qui tirent aujourd'hui de cette carrière une pension modeste." Ech mengen, dat ass dee Saz, deen am Prinzip alles erëmgëtt an och op anere Plaze sinn ähnlech Kommentare gemaach ginn.

Ech wëll och nach eng Kéier rappeléieren, dass de Conseil National des Femmes – an ech denken, dass an esou Froen wéi där do mer dovun ausginn, dass mer deem och nolauschteren an och noliesen, wat e seet, soss kënne mer déi Conseilen alleguerten ofschafen, well dat net méi deen Zweck huet – an der Fro vum Forfait d'éducation, an och do zitéieren ech, zur Konklusioun komm ass: "Se situant dans le domaine de la politique familiale, l'idée d'accorder une prime aux femmes ayant eu des enfants doit être matérialisée dans l'esprit de la politique d'égalité. Le Conseil National des Femmes se prononce pour l'octroi du bénéfice d'une telle prime à toute mère ou tout père indépendamment du fait d'avoir également travaillé à l'extérieur du ménage."

Dat ass dat, wat de Conseil National des Femmes gesot huet a wat och dat erëmgëtt, anscheinend och mat der Stëmm vun der CSF, der Fraenorganisatioun vun der CSV, déi och där hei Meenung ass, déi am Prinzip jo méi wäit geet, well se och hei seet, dass en plus vun de Babyjoren dee Forfait d'éducation soll ausbezueelt ginn.

Ech denken och, dass mer eis heibannen eens sinn, dass niewent där Aféierung, déi mer hei maache vum Forfait

d'éducation, wa mer dann d'Gesetz gestëmmt hunn à partir vum 1. Juli 2002, dass mer eis och haut nach eng Kéier schnell sollten an Erënnerung ruffen, dass et mat dem Forfait d'éducation an de Babyjoren doniewent oder drop – dat ass mer elo mol egal –, dass mer eis musse bewosst bleiwen, dass et an der Ennerstëtzung vun de Famillje mat Kanner domadder net gedoen ass.

Ech mengen, dass mer d'nächst Woch jo och diskutéieren iwwert d'Erhéijung vum Kannergeld fir déi jonk Familljen, déi elo mat de Käschte vun de Kanner vläicht nach méi confrontéiert a geplot sinn – tësche Gänseféisercher –, wéi déi, déi 65 oder méi Joren hunn, dass mer also déi Politik do och kontinuéierlech musse weiderféieren.

Ech mengen, dass mer och um Niveau vun den Infrastrukturen nach vill méi grouss Efforte musse maachen, an de Crèchen, an de Garderien, an de Structures-d'accueille fir Fraen oder Männer oder Pappen, de Libre choix tëschtent Erwerbsaarbecht oder doheem am Stod an der Famill bleiwen, ze erlaben.

Dat ass jiddefalls dat, wat mir erhoffen, an déi skandinavesch Länner beweisen eis, dass eng héich Féconditéit parfaitement de paire geet mat engem héijen taux d'emploi féminin. Déi zwou Saache si mateneen ze verbannen, wa mer et fäerdeg bréngen, déi richteg Politik ze maachen.

An eis Hoffnung ass grouss, dass dem Statsminister seng Ukënnegunge vun e Freideg also net esou waren, wéi e se gemaach huet, mä dass nach Afloss ass, an dass mer dee Projet do verbessere kënnen, fir dass en a senger Gestaltung fir all Frae méi gerecht ass, wéi en dat e Freideg am Briefing virgestallt huet.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, brauch Lëtzebuerg eng Uni? Dëst ass eng Fro, déi ëmmer erëm nees gestallt gouf, an ech géif gare behaapten, säit bal 20 Joer, wou de Legislateur 1987 de legale Kader fir d'Recherche publique zu Lëtzebuerg gesat huet. 1996 gouf dës Initiative mam Gesetz iwwert den Enseignement supérieur compléiert, an 1999 huet Lëtzebuerg dunn de Fonds National de la Recherche kritt.

Haut ass dëst Thema ëmsou méi aktuell, wou den Enseignement-supérieur-Ministère virun e puer Méint säi Projet „Uni Lëtzebuerg“ virgestallt huet.

Eppes steet fest, Lëtzebuerg, an domat d'Lëtzeburger Wirtschaft, mat senge gesamten Entreprises, brauch dréngend Akademiker, Spezialisten, sief dat an de Beräicher Finanzen, Economie, nei Technologien oder Ëmwelttechnologie. An deem Sënn ass et ze begrëssen, dass dësse Projet presentéiert ginn ass.

Allerdéngs musse mer eis froen, ob d'Lëtzeburger genuch virbereet sinn, fir esou e Projet och hei kënnen ze realiséieren. Ech mengen, d'Äntwert op dës Fro kann

een haut nach net ginn. Dofir ass den Héichschoulministère zoustänneg, an un him läit et gréisstendeels, de Projet „Uni Lëtzebuerg“, mat all deem, wat en, och am klongsten Detail, mat sech bréngt, an an der Zesummenaarbecht mat deene verschiddene privaten an öffentleche konkreten Akteuren, virzebereeden.

Wann der mer erlaabt, och den Här Mackel an der Revue vu gëschter ze zitieren, dee President ass vum Conseil supérieur de l'Enseignement supérieur, a sot: „Die Politik tue sich schwer, die Empfehlung des von ihm presidierten Gremiums auch nur an..satz... ansatzweise umzusetzen.“

Une voix.- Et gëtt Zäit fir e Brëll!

M. Xavier Bettel (DP).- Et gëtt Zäit fir e Brëll, jo.

(Interruption)

Mä Dir gesidd, de Budget vum Joer 2002 léist emol unhuelen, datt am Beräich vum Lëtzeburger Héichschoulwiesen Verschiddenes bougéiert. Ëmmerhin ass de Chiffer fir de Cunlux, den IST, den ISERP an den IEES ëm 18% vun 19.082.355 Euro am Joer 2001 op 22.463.548 Euro...

Une voix.- Hutt der lech och net geiert?

M. Xavier Bettel (DP).- Neen, et ass richtig.

...fir 2002 geklommen. Insgesamt sinn d'Dépenses générales vum Enseignement supérieur vu 16.006.909 Euro op iwwer 20.000.000 Euro eropgaangen. En Zouwuess, deen ënnert anerëm op d'Croissance vun der Aide financière fir Héichschoulstudien a Fuerschungsaktivitéiten zréckzeféieren ass.

(Interruptions diverses)

Dat wor e ganz wichtege Projet, an ech kann lech et soen, d'Studente ware frou, och wann et bei Verschiddenen iwwert d'Aide fir d'Participatioun vun de Frais d'inscription net duer geet, wéi zum Beispill eis éisteräicheg Schüler.

Dat sinn natierlech Zuelen, déi encouragéieren. Op se allerdéngs elo duer ginn, fir esou en ambitiöse Projet wéi eng Lëtzeburger Universitéit ze realisieren, ass nach net gekläert.

E Projet, dee wahrscheinlech fir Lëtzebuerg zu enger Aart Noutwendegkeet ginn ass, fir am internationale Kontext matzewierken. D'wirtschaftlech Entwécklung verlaangt haut, datt e Land et als eng vu senger Prioritéit gesäit, an d'Matière grise ze investieren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Haut méi wéi jee!

M. Xavier Bettel (DP).- Wa Lëtzebuerg also soll eng Universitéit kréien, da muss och d'Qualitéit vun der Kompetenz an dem Contenu priméieren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Däerf ech eppes iwwert déi PISA-Etude soen?

M. Xavier Bettel (DP).- Ech wëll elo net op déi PISA-Etude zréckkommen. Ech hunn lech scho gesot: D'Bildungsoffensiv ass amgaang, loosst se gewäerden.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et ass gutt, dass Der eis et nach eng Kéier sot, well mir hu bis elo nach näischt gemierkt.

M. Xavier Bettel (DP).- Also, Dir waart 15 Joer an enger Regierung, Här Di Bartolomeo...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech war nach ni an enger Regierung, Här Bëttschel, a wann Dir esou weider maacht, da komm Dir och ni an eng Regierung!

M. Xavier Bettel (DP).- Är Partei war 15 Joer mat an enger Regierung, wou mer déi desastréis Zuelen...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech sinn iwwerzeegt, Är bleift ni 15 Joer an der Regierung!

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel (DP).- Wa Lëtzebuerg soll eng Universitéit kréien, da muss och d'Qualitéit vun de Kompetenzen...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir Hären, loosst den Här Bettel schwätzen, di aner sollen nolauschten an net dauernd ënnerbriechen. Et kritt jiddfereen d'Wuert elei.

M. Xavier Bettel (DP).- Merci, Här President.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat war e Complément, Här President.

M. le Président.- Jo, mä et soll ee sech d'Wuert froen, an net einfach hei ënnerbriechen.

M. Xavier Bettel (DP).- Eng Uni muss een Zil hunn a sech kënnen an déi wirtschaftlech Situatioun vun engem Land integréieren.

Fir dat ze realisieren, geet et net duer, d'Siten oder d'Coursë vun der zukünftiger Uni ze nennen.

D'Lëtzeburger Uni muss eng eegestänneg akademesch Institutioun ginn, déi net an allem an iwwerall um Ausland kalquéiert gëtt. Eréischt duerch eng eegen Identitéit, déi sech an der Qualitéit vun aneren auslänneschen Instituter ofgrenzt kann d'Uni Lëtzebuerg déi Attraktivitéit kréien, déi se brauch, fir net nëmmen auslännesch Studenten, mä och renomméiert Professerer unzezeien.

Wat de Beräich vun den Enseignantë betrëfft, muss geneeëstens analyséiert ginn, wien déi néideg Kompetenzen huet, a vu wou mer déi Leit hier kréien. Déi ronn 40 Proffen um Cours Universitaire, déi déi erfuerdert Kompetenzen hunn, ginn net duer, fir d'Uni's-Coursen ze assurieren; auslännesch Proffen, Fuerscher oder Assistentë mussen an deem Sënn och hei op Lëtzebuerg ugezu ginn.

Här President, mir dierfen och net vergiessen, datt eng Uni mat sengem Personal, genau esou wéi all aner Héichschoul, muss gewësse Kontrollen ënnervorf ginn. Dat heescht ënnert anerëm, et musse Prozeduren entwéckelt ginn, déi de Professore-Corps regelméisseg

op hir Kompetenzen a Qualitéiten analyséiert. Eng Revendikatioun, déi jo, wann ee verschiddene Créneauen vun de Studenten nolauschtert, zu Lëtzebuerg nach keng Selbstverständlechkeet ass.

Obwuel, et fänkt lues a lues och an dësem Domaine un ze bougéieren. Ech denken hei präzis un d'Charte des droits et devoirs de l'étudiant, déi vum Conseil national de l'Enseignement supérieur ausgeschafft gouf. Schliesslech ass eng qualitativ Evaluatioun vun den Instituter eng vun de wichtegste Garantien, fir aus der Uni-Lëtzebuerg eng renomméiert akademesch Institutioun ze maachen, vu där eist Land nëmme ka profitéieren.

Här President, beim Ausschaffe vum Konzept dierfen allerdéngs och praktesch Elementer net vergiess ginn. Elementer, wéi zum Beispill den Hébergement vun de Studenten oder den Transport oder nach d'Parkings-méiglechkeeten. Dobäi wier ze bemerken, datt Siten, ënnert anerem de Lampertsbiërg, haut schonns laangs, an alle Punkten, bei wäitem saturéiert sinn. D'Uni Lëtzebuerg soll jo insgesamt 15.000 Studenten empfanke kënnen.

Une voix.- Virtuell!

M. Xavier Bettel (DP).- Also ass et sécherlech net vu Muttwëll, fir sech intensiv Gedanken ze maachen iwwer praktesch Infrastrukture fir esou e Projet.

Perséinlech mengen ech awer och, dass, wa mer eng Uni hei zu Lëtzebuerg maachen, et ganz wichteg ass, iwwer Collaboratioun an Echange mat aneren Unien awer och nach ze schaffen. Ech wor Erasmus-Student an hat d'Geleeënheet sechs Méint op Saloniki a Griichenland studéieren ze goen, an ech kann nëmme all de Studenten...

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel (DP).- Ech hunn do...

(Interruptions diverses)

...Droit ecclésiastique orthodoxe studéiert...

(Hilarité générale)

...wat ech awer doudsécher net hei um Centre Universitaire ugebuede kritt hätt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat huet awer näischt gedingt!

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Ben Fayot (LSAP).- Wëllt Der Paschtouer ginn, Här Bettel?

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëll ech festhalen, datt d'Uni Lëtzebuerg sech net dierf op e Regroupement vu bestehenden an e puer zousätzlech Instituter limitéieren. An nieft engem Gesetz, kënn et virun allem op eng effikass Mise en oeuvre un. Lëtzebuerg soll kënnen wirtschaftlech a sozial gesi säin Notzen aus dësem Projet

zéien.

Ech soen Iech merci.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen.

M. Marcel Glesener (CSV).- En ass um Telefon.

M. le Président.- Ah sou, dann huele mer deen Nächstfolgenden, dat ass den Här Claude Meisch. Den Här Meisch huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Da schwätzt elo!

M. Claude Meisch (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Januar vun dësem Joer ware mer hei am Land zu plus ou moins 441.300 Awunner; dat waren der 12,8% méi wéi nach virun zéng Joer.

Keng Angscht, ech wëll elo net déi x-te Ried heibannen iwwert de 700.000-Awunner-Stat halen, mä ech wëll mech op méi eng konkret Evolutioun konzentréieren, an zwar d'Evolutioun um Wunnengsmarché.

Virun allem de Wirtschaftswuesstum, deen hei am Land däitlech méi héich läit wéi an eise Nopeschregiounen, dat souwuel a wirtschaftlech gudden Zäiten wéi och a manner gudden Zäiten, féiert zu enger Immigratioun, well d'Leit heihinner schaffe kommen an dann natierlech och gegebenefalls eng Wunneng sichen.

Gläichzäiteg stellt ee fest, wann och a méi engem gerénge Mooss, datt d'Zuel vun de Gebueren an d'Luucht geet, an déi vun de Stierffäll lues a lues erofgeet, och wa mer wëssen, datt déi net wäert géint null tendéieren.

Dat féiert dozou datt, wat mer méi Awunner hei am Land hunn, wat mer, méi Wunnenge brauchen. Do doniewent wësse mer, wat eng Rei vu sozial a gesellschaftleche Verännerungen am Laf vun deene leschte Jorzéngte passéiert sinn; et ginn halt méi Eefamilljenhaushalter, an d'Leit wunnen a méi grouse Wunnengen. Et ass net méi esou, dass eng ganz Famill, mat e puer Generatiounen an engem Haus, ënnert engem Daach wunnt. Och doduerch geet d'Demande um Wunnengsmaat an d'Luucht.

Well awer d'Offerte, parallel zu där Demanden, net nokomm ass, huet dat och dozou gefouert, datt d'Präisser massiv, virun allem déi lescht Joren, geklomme sinn.

Ech wëll do e puer Beispiller nennen. Et ass nach net laang hier – an ech si jo nach net ee vun deenen eelere Semesteren heibannen, mä ech ka mech erënneren – wou déi éischt Terrainen hei am Land fir eng Millioun den Ar verkaf gi sinn. Du war dat rekordverdächtig, méttlerweil si mer an der Stad Lëtzebuerg bei 2 bis 3 Milliounen den Ar u Bauterrain, an der Périphérie op 1,5 Milliounen den Ar, an ech hu mech ëmfrot, bei eis an der Gemeng zu Déifferdeng gëtt een ouni Weideres och 800.000 Frang aus fir den Ar Terrain.

Parallel dozou sinn och d'Haiser an d'Appartementer an d'Luucht gaangen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Den Terrain gëtt méi bëlleg.

M. Claude Meisch (DP).- Den Terrain gëtt méi bëlleg, mengt den Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et gëtt eng massiv Auswanderung.

(Interruptions diverses)

M. Claude Meisch (DP).- Dat kann ech mer net virstellen.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Et gi vläicht e puer Sozie fort!

(Hilarité)

M. Claude Meisch (DP).- Ech selwer hunn et erlieft, well ech och virun zwee Joer sesshaft gi sinn an en Appartement mat menger Frëndin kaf hunn. A wou ech duerno d'Präisser verglach hunn mat deem, wéi d'Präisser während deenen zwee Joer evoluéiert sinn...

(Interruptions diverses)

...hunnt ech misste feststellen, dass se zënter deem, wou ech mäin Akt ënnerschrifwen hunn, schonn ëm 20% an d'Luucht geklomme sinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Sou wäit zur Evolutioun vun de Baupräisser, mer wëssen, datt mer eng ganz Rei vu staatlechen, a ganz oft kommunalen Hëllefën ubidden. Et gëtt eng Bauprime et gëtt eng Kafprime et gëtt eng Spuerprime et gëtt eng Renovatiounsprime et gëtt eng komplementär Prime fir Architekten- an Ingenieurskäschten et gëtt do doniewent eng Prime, wann ee säin Haus oder seng Wunneng muss renovéieren, fir se behënnertegerecht ze gestalten, alles dat kascht de Stat pro Joer plus ou moins 600.000 Frang. Et gëtt eng Zënssubventioun, déi iwwer 1,5 Milliarde pro Joer kascht, mer wëssen, datt bei Neibauten d'TVA rembourséiert gëtt, dat kascht je no Demande, déi do erakënnt, de Stat pro Joer 1,5 bis 2,5 Milliarde LUF.

Finanziell Ënnerstëtzung gëtt et awer och fir öffentlech Baupromoteuren, sief dat de Fonds du logement, d'Société pour l'habitation à bon marché oder zum Beispill d'Gemengen, dat mécht ongeféier eng Zomm vun 800 Milliounen pro Joer aus; woubäi dat natierlech vun Exercice zu Exercice variéiert.

Wann een dat doten alles zesummerechent, da kënnt een op e Chiffer vu 4 bis 5 Milliarde pro Joer, déi d'öffentlech Hand an de Wunnengsmarché investéiert. Parallel dozou, trotz all deenen doten Hëllefën, ass awer dat, wat deen Eenzelne muss bezuelen, fir sech eng Wunneng kënnen unzeschaffen, däitlech déi lescht Joren an d'Luucht gaangen. Et muss een sech, dofir mengen ech, d'Fro stellen, ob net eng Rei vun deenen Hëllefë vläicht eischer eng Hëllef si fir de Secteur vun der Constructioun – wat e ganz wichtege Secteur vun eiser

Economie ass – a vläicht manner deene Leit hëllefën, déi op der Sich sinn no enger bezuelbarer Wunneng.

Wann een d'Präisevolutioun vun de Wunnenge wëllt an de Grëff kréien, da mengen ech gëtt et nëmmen eppes, an zwar ze kucken, dass d'Offerte der Demande nokënnt.

Et soll ee sech vläicht iwwerleeën, ob net déi Leit, déi a Wunnraim investéieren, déi déi bauen, méi e favorabelt Ëmfeld misste geschafe kréien; et kann een do legal Mesuren treffen, zum Beispill eng Reform vum Gesetz iwwert d'Baux a Loyers et kann ee fiskal Mesuren an d'A faassen, steierlech Mesurë fir d'Investitioun an Immobilien a respektiv steierlech Mesurë fir d'Locatioun vun Immobilien.

Natierlech brauch een och Terraine wou ee ka Wunnengsraum drop schaffen, do allerdéngs ass de Stat net eleng massgebend, e muss do mat de Gemengen zesumme kucken, well d'Gemeenge si responsabel fir d'Ausweisung vum Bauterrain.

Et ginn eng ganz Rei vu Gemengen – an et muss ee Verständnis dofir hunn – déi net hire Perimeter iwwer e gewëssent Mooss eraus wëllen erweideren, well eng zousätzlech Zuel vun Awunner an hire Gemengen natierlech och weider Käschten, virun allem Käschte fir Infrastrukturen, mat sech bréngt, Schoulbau, Sportanlagen, Kulturinfrastrukturen etc. Do misst de Stat kucken, fir zesummen mat de Gemengen déi dote Laascht ze schëlleren.

Mir wëssen, datt am Kader vun der Reconvertioun vun de Friches-industriellen, och eng ganz Rei vu Wunnengsbauprojekte virgesi sinn, dat ass och gutt esou, an et ass och gutt, wann, zum Beispill wéi op de Friches vun Esch-Belval, virgesinn ass, datt déi nei Quartieren do en Deel vun deene scho bestehenden Uertschaften ginn, net datt dat da Satellitestied ginn, wou kee Liewen dran ass, déi net historiesch gewuess sinn, mä un dat, wat scho besteet un Uertschaft, ugegliddert gëtt an och natierlech an dee Kader passt.

Eng weider Fro, déi mer eis solle stellen, dat ass d'Affectatioun vun enger ganzer Rei vu staatleche Gebaier, dat gëllt haaptsächlech fir d'Stad Lëtzebuerg, wou de Stat eng ganz Rei vu Verwaltungen huet, dat awer an Zonen, déi d'Gemeng Lëtzebuerg als Wunnzonen aklasséiert huet. Et wär sécherlech vu Virdeel, wann déi Verwaltungen géingen op eng aner Plaz, wou wierklech Verwaltungsraum solle geschafe ginn, ëmzëien an dann am Stadkär eng ganz Rei vu Wunnenge kéinte bäikommen, wat och fir d'Liewen an der Stad sécherlech favorabel wär.

E grousst Thema ass d'Spekulatioun mat Baupräisser. Wann natierlech d'Evolutioun esou ass, wéi se momentan déi lescht zwee Joer war, da kann ee sech virstellen, datt deen een oder deen aneren, dee Propriétaire ass vun enger Wunneng, vu Bauterrain, déi nach eng Zäitche wëll leie loossen, net wëll veräusseren, well en hofft, an engem, zwee oder dräi Joer vläicht nach méi kënnen ze kréien.

Ech si frou ze héiere wat de Syvicol probéiert, fir sech do eng gemeinsam Linn ze ginn, wéi ee kéint kucken, fir op deem ganz delikate Sujet do eng Léisung ze fannen. Et geet notamment do ëm d'Grondsteier, déi an der Kompetenz vun de Gemengen ass, fir ze kucken op där enger Säit d'Leit dozou ze bréngen, ze insistéieren, datt se déi Terrainen, déi brooch leien, der Bebauung zouféieren duerch e Verkauf vun deem Terrain, op där anerer Säit natierlech muss ee sech awer och d'Fro stellen, a wéi wäit esou Moyene musse bindend sinn, well natierlech nach ëmmer de Propriétaire Propriétaire muss bleiwe vu senger Propriétéit.

Dat gesot wëll ech schléissen, et geet sécherlech viru mat där doter Diskussioun, mir wäerten deemnächst hei an dësem Haus een Débat d'orientation iwwert d'Problematik vum Logement féieren an do hu mer sécherlech nach d'Geleeënheet, fir op déi eng oder déi aner Problematik zeréckzekommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Fraktioun ass, wat d'Riednerzäit ubelaangt, méi spuersam ëmgaang wéi aner Fraktiounen, dofir...

(Interruption)

Ma dat ass ganz gutt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Nodeem wat Der erzielt hutt ass et esou.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat freet mech fir lech, Här Krecké.

(Interruptions)

Mir hunn nach eng Stonn Riednerzäit an deementsprechend, Här President, wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Rei vu Remarken ze maachen, déi un d'Adress vu menger Fraktioun an och vis-à-vis vu mir selwer gemaach goufen.

Den Här Colombero huet gëschter eng Interventioun hei gemaach, déi mech am Fong geholl hätt misse provoquéieren zum Fait personnel an hei op d'Bühn kommen, mä seng Interventioun, dat war jo eng, déi een zimlech héichkarätegen, kabarettisteschen Aschlag hat an deementsprechend hunn ech geduecht, géif ech mech zréckhalen.

Mä en huet an där Interventioun gesot – dofir wëll ech awer dorop agoen – ech hätt mech vis-à-vis vun der Unterrichtsministerin net als Gentleman beholl an ech hätt si am Reen stoe gelooss. Ech kann dozou nëmmen dat heite soen, Här President, den Här Colombero iert sech, well en entweder net richtig nogelauschert huet oder well en onbedéngt bei ee vu senger Berufskolleege misst goen, nämlech en Ourendokter.

Déi, déi richtig héieren hunn, déi wëssen, dass ech hei der Unterrichtsministerin déi voll Ënnerstëtzung vun eiser Fraktioun zougesot hunn, fir all déi Initiativen...

(Interruptions diverses)

...déi se bis elo geholl huet a virun allem och fir déi, déi se amgaang ass ze huelen, a virun allem déi, déi se gëschter op enger Pressekonferenz virgestallt huet, a fir hir Propositionen an Iddien, déi se amgaang ass ze entwéckelen – an ech hat dat speziell...

(Interruptions diverses)

Nee, ech wosst dat net, mä ech wosst awer eng Rei vun den Iddien, déi d'Madame Brasseur géif gëschter op där Pressekonferenz dévéléppéieren. Deementsprechend war et fir mech e Plesier, fir er eis Zoustëmmung ze soen.

(Interruption)

Dat Eenzezt, Här President, wat ech gesot hunn, war, datt eis Fraktioun mat deem Wuert „Bildungsoffensiv“ näischt kann ufänken, well mer ëmmer gesot hunn, datt den Term vun Offensiv een Term wär, dee sech am Schoulberäich net extra gutt géif erëmfannen, an deementsprechend géife mir net mengen, datt mer hei mat deem Term „Bildungsoffensiv“ komme sollen, wat u sech e Schlagwuert ass, mä mir sollen op de Koalitionsaccord kommen, wou ganz vill Punkten, ganz daitlech Punkten dra sinn, fir Reformen an der Schoul weiderzedreiwten, a well ech der Madame Brasseur hir Loyautéit zu där Koalitioun erkennen, weess ech, datt si dee Koalitionsprogramm Punkt fir Punkt ëmsetze wäert.

Sou datt ech, Här President, den Här Colombero wëll berouegen, nach eng Käier, wann e mengt, ech wär net Gentleman gewiescht. Ech denken, datt d'Madame Brasseur dat net esou empfonnt huet an datt se net...

(Interruptions diverses)

...an datt d'Mme Brasseur ganz sécher net béis ass, wann et en Deputéierten an där Chamber hei gëtt, dee mat deem Term vun der Bildungsoffensiv net ganz vill kann ufänken.

Une voix.- War dat do eng...?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Sot dem Här Colombero merci, dass en lech d'Geleeënheet ginn huet, zréckzerudder.

(Coups de cloche de la Présidence)

Dir hutt just zréckgeruddert elo.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wëll lech soen, dass den Här Krecké hei op meng Interventioun zimlech sensibel reagiert huet, e bësse sou wéi eng beleidegt Primadonna.

Ech muss soen, ech kann och ganz sensibel sinn, speziell wann ee mir Saachen ënnerstellt, déi ech net gesot hunn, an ech wëll soen, dass ech zu kengem Moment wollt eng Kritik – virun allem, well et hei sou gemengt war – vun der sozialistescher Oppositioun maachen, wat hir Aarbecht an der Finanzkommissioun ubelaangt huet.

Ech hat gesot, dass net vill Kritik vun der Oppositioun komm wär bis well, wat de Statsbudget ubelaangt huet. Ech hunn domat net d'Aarbecht an der Finanzkom-

missioun viséiert, au contraire, ech weess d'Aarbecht vun de Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun an där Kommissioun ze apprécieieren, mä et huet mech gewonnenert. Sou wéi dat all Joer de Fall war, wéi d'Regierung am Juli d'Eckwäerter vun hirem Budget virgestallt huet a wéi se am September de Budget virgestallt huet, hunn d'Journaliste vun alle Borde – d'Majoritéitsvertrieder an och d'Oppositioun – gefrot, wat se dovunner géifen halen. Ech hat dat alles schéi gesammelt, wat an den Zeitungen doriwwer stung, iwwert déi Remarken, déi gemaach gi waren a puncto Propositione vun der Regierung, an ech hat do näischt fonnt, Här President, wat d'Oppositioun dozou ze soen hätt. Deementsprechend hat ech dat gesot, dat hat näischt mat der Aarbecht an der Kommissioun ze dinn. An dann huet den Här Krecké versicht gehat, fir mech...

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech géif lech gär eng Proposition maachen: Wa mer lech esou schlecht verstinn, wat Der eis gesot hutt, da bréngt d'nächst Kéier en Interpret mat, fir dass en eis dat seet, wat Der wierklech denkt a wat Der wëllt soen.

M. Lucien Weiler (CSV). - Wësst Der, Här President, den Här Bartolomeo, wann hie méi oft hei wär, da géif en och besser verstoen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech hunn alles richteg verstan. Dir erkläert eis hei just, wat Der wollt soen.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, den Här Krecké huet och versicht, mech a Widderspréch ze verwéckelen, andeems datt e gesot huet, ech hätt hei sou vill soulevéiert, datt et keng Kriticke gi wären un dem Budgetsprojert vun der Regierung, an op där anerer Säit hätt ech selwer Kritik un der Regierung geübt.

Ech wëll dem honorable Fraktiounscheef vun der LSAP soen, datt dat kee Widdersproch ass. Wann Der d'Debatten déi lescht Deeg hei nogelauschtert hutt, hutt Der wierklech keen Deputéierten héieren – dat war an deenen anere Joren ëmmer de Fall –, deen d'Avis vun de Chambres professionnelles, vum Statsrot oder anerer zitéiert huet, fir ze weisen, dass d'Regierung hei op verschiddene Punkte géif falsch leien, well et konnt ee keng Zitater bréngen, et waren, mengen ech, keng do.

M. Alex Bodry (LSAP). - An den Avis vun der Cour des Comptes hu mer x-mol zitéiert. Wat sot Der dann zum Avis vun der Cour des Comptes?

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, den Avis vun der Cour des Comptes, dat waren...

(Interruption)

Oh, wësst Der, Här Bodry...

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, mir hu jo awer x-mol den Avis vun der Cour des Comptes hei zitéiert.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech wëll dem Här Bodry soen, dass ech gesot hunn, dass den Avis vun

der Cour des Comptes keng kritesch Remarque gehat hätt, mä dass en eng ganz Partie u sech méi technesch Propositione gemaach hätt, wéi ee kënnt besser de Budget orientéieren. Dat hunn ech a menger Intervention gesot.

Ech wëll just soen, Här President, datt et awer keng Contradictioun ass, wann een op där enger Säit feststellt, datt, contrairement zu deenen anere Joren, praktesch keng Kriticken do waren an ee selwer, och als Majoritéitsdeputéierten, sech emol d'Recht eraushëlt, fir e bësse méi kritesch à l'adresse vu senger eegener Regierung ze sinn. Ech weess, an der Vergaangenheet gouf ëmmer gesot, d'Majoritéit, dat wären nëmme Kopfnicker, an déi géifen nëmme just dat maachen, wat d'Regierung..., an dat wär schlecht fir d'Valorisation vum Parlament, wann esou Émgank..., an da kënnt emol e Majoritéitspolitiker, deen hält sech emol d'Fräiheet hei eraus, fir och kritesch à l'adresse vu senger eegener Regierung ze sinn, an dann ass dat och nees net gutt. Also Leit, Här President, ech muss wierklech soen, et ass ganz schwéier, fir verschiddene Leit et gerecht ze maachen.

An dann, Här President, hat den Här Krecké och gemengt, ech soll mech e bësselche méi a Bescheidenheet üben. Also ech war ëmmer der Meenung gewiescht, dass sougutt den Här Krecké wéi ech selwer u sech relativ bescheide Leit sinn, mä wann hie mir awer bescheinegt, a verschiddene Punkte wär ech net bescheide genuch gewiescht, da wëll ech allerdéngs de Ball zrückschécken an d'Lager vum Fraktiounscheef vun de Sozialisten. Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint, mä virun allem och an dësen Debatten, vill Aussoe vun de Sozialisten héieren a puncto Gesondheetspolitik, a puncto Transportpolitik, an do kann ech nëmmen engt soen, och do wär e bësse Bescheidenheet vu Säite vun de Sozialisten net schlecht. Wa se do mol an de Spiegel kucken, da fanne se eng ganz Rei vu Saachen, wou ee sech kann e bëssen Äschen op de Kapp streeën a sech a Bescheidenheet üben, obschonns ech hei ausdrécklech nach eng Kéier wëll – an ech hunn dat och an där leschter Koalitioun méi oft gemaach – d'Aarbecht vun dem leschten Transportminister ervisträichen. D'Mme Delvaux huet sech ganz vill geplot, hir Aarbecht ass zum Deel an de Sand gesat ginn, an et deet mir grad esou Leed ewéi hir, datt de BTB net an där Form, sou wéi e geplangt war, ka gebaut ginn.

(Interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dat ass eng gutt Erkenntnis.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dat ass ganz richteg.

M. Alex Bodry (LSAP). - Dat ass am Sënn vun der kritescher Haltung zu dëser Koalitioun an zu der Regierung.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dës Koalitioun huet, wéi all Koalitioun, e Programm, deen ausgehandelt ginn ass an deementsprechend, Här President, wäert dës Majoritéit sech verhalten, loyal vis-à-vis vun deem...

(Interruptions)

...se wäert sech loyal verhale vis-à-vis vun deem Programm, dee mer gemeinsam, mateneen ausgeschafft hunn.

An dann, Här President, hate mer gëschter d'Geleeënheet an hu mer gesinn, datt den Här Asselborn eis op dëser Tribün mat senger Presenz beëiert huet, a wéi ëmmer bei esou grouse Momenter hat ech menger Fraktioun gesot, datt se sech sollt waarm undoen, well mir kenne jo den Här Asselborn. Mä, ech muss soen, mir waren e bëssen iwwerrascht iwwert d'Interventioun vum Parteipresident vun der LSAP, net esou séier wat de Stil vu senger Interventioun ubelaangt, mä méi iwwert dat, wat en um Fong gesot huet, well en huet effektiv gëschter wierklech eppes zum Fong vun engem Problem gesot.

Wat de Stil vu senger Interventioun ubelaangt, Här President, sou konnt jidderee sech heibannen iwwerzeegen, dass en deem Stil, deen en an de leschte Joren hei entwéckelt huet, ganz trei bliwwen ass. Et ass eng theatralesch, flott Inszenéierung, déi e gemaach huet. Ech weess net – en huet dem Statsminister dat reprochéiert – wee vu weem geléiert huet. Op jidde Fall, wann de Statsminister d'lescht Woch, sou wéi den Här Asselborn dat gesot huet, eng theatralesch, flott Inszenéierung gemaach huet, wann dat de Fall sollt gewiescht sinn, ech hunn dat net gesinn, dann, muss ech soen, huet e laang gebraucht, ier en zu sou Inszenéierung konnt kommen, well en hätt dat längst beim President vun der LSAP kënne léieren.

Also et war de President vun der LSAP „wie er leibt und lebt“, sou wéi mer e kennen, mä Spaass op d'Säit, Här President, den Här Asselborn huet awer och hei, an dat mengen ech ganz eescht, eng Ausso gemaach a puncto vun där Diskussioun, déi mer d'lescht Woch haten iwwert de Retrassement am Kader vun der Motioun vun de Sozialisten iwwert d'Konsequenze vun der Affär Wolter-Roemen, an notament wat de Retrassement oder d'Repérages téléphoniques ubelaangt.

D'Fro, déi mer d'lescht Woch jo hei diskutéiert hunn, d'Fro, déi am Kär vun där ganzer Diskussioun war, – bei allem Versteesdemes fir den Här Krecké, dass e sech opreegt iwwer eng Rei vu Saachen, déi geschitt sinn –, war, a wéi wäit dass de Recours op d'Repérages téléphoniques, dat, wat de Juge d'instruction do gemaach huet, par rapport zu der Gravitéit vun der Infraktioun, ëm déi et sech do sollt handeln, a Proportioun stungen.

Ech kann lech soen, ech war do ganz reservéiert. Ech hunn opgrond vum Prinzip vun der Séparation des pouvoirs mech ganz zréckgehalen fir do Appréciatiounen ze maachen. Aner Leit hunn dat net esou gesinn. Den Här Krecké ass intervenéiert hei an en huet gesot, e wär schockéiert a revoltéiert, an en huet vun engem Ausrutscher vun engem iwweräifrege Beamte geschwat a gesot, dat Ganzt wär onwürdeg.

An ech muss lech soen, dat si ganz däitlech Aussoen, déi hien hei gemaach huet, déi een, an där Situatioun wou

hien ass, verstoe muss. Ech weess net wéi ech reagéiert hätt, wann ech selwer am Fall gewiescht wär. Ëmmerhin huet hie sech sou ausgedréckt, an e Freideg huet de Premier sech iwwert datselwecht Thema ausgedréckt, vill méi – géif ech soen – roueg a reservéiert vläicht wéi dat hei am Parlament geschitt ass, an du koum gëschter den Här Asselborn hei op d'Tribün an huet ganz schaarf de Premier attackéiert an deem Sënn, datt e gesot huet, d'Politiker hunn de Richter net ze soen, wéi se d'Gesetz sollen applizéieren.

Also ech muss soen, Här President, ech hat Schwieregkeeten dat ze verstoen. Well wann de Fraktiounschef vun de Sozialiste sech ausdréckt a kloer an däitlech Positioun ergräift, an deen Dag drop kënnt sai Parteipresident an hien désavouéiert en – mä den Här Asselborn, mir kennen hie jo, an da muss een eben dat esou gesinn, wéi et ass –, da war dat op jidde Fall net deen allerbeschte Stil, deen den Här Asselborn do développéiert huet.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech hunn lech scho gesot, Dir kritt eis net ausenaner dividéiert, a wann Der lech nach sou vill Méi gitt.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech hunn nëmmen eng einfach Feststellung hei gemaach, ouni déi weider ze kommentéieren an ech wëll et och dobäi beloossen.

(Interruption)

Är Fro, Här Gira, ass net ganz onberechtegt, mä wann ech gesinn hu wéi mer an deene leschten Deeg d'Diskussionen hei gefouert hunn, wann ech héieren hunn, dass den honorable Fraktiounschef vun de Sozialiste geschwat huet vu Lëtzebuerger Bomien, déi sech mussen ustengen, fir dass hir Kanner Bauplaze kréien, d'Mme Err hei op der Tribün geschwat huet vun der Union libre, hunn ech gesot, dat hätt och net esou vill mam Budget ze dinn. D'Debatte sinn nun eemol esou gelaf, a wa jiddereen d'Fräiheet huet, fir sech zu deene Froen ze äusseren, déi hei opgeworf gi sinn, denken ech, hätt ech och déi Fräiheet.

(Interruptions diverses)

Här President, ech wëll einfach dem Här Mehlen soen, dass ech Positioun bezéien zu enger Rei vun Aussoen, déi gemaach gi sinn am Kader vun dësen Debatten. Et steet jidderengem fräi heibannen dat ze maachen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Et kënnt een d'Impressioun op eng Kéier kréien, Dir géift am Numm vun der Regierung schwätzen.

M. Lucien Weiler (CSV). - Virun e puer Deeg, Här Krecké, huet Der lech geiergert heibannen...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech hunn elo kee Wuert gesot, Här Weiler! Dir dierft mer vill Saache soen, mä mech net mam Här Mehlen an een Dëppe puchen. Do si mer wäit ewech.

M. Robert Mehlen (ADR). - Dat ass wouer, ech sinn och net domat d'accord!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, et géif mer net am Dram afalen, fir den Här Krecké mam Här Mehlen ze verwisselen oder an een Dëppen ze werfen. Ech géif ëm dat effektiv, bei allem Misär, deen ech ëm jo heiansdo wënschen, net undoen. Dat wier nämlech net ze erdroen.

Ech wëll dann awer, Här President, nach eng Kéier zrëckkommen op d'Affär vun de Repérages téléphoniques, wou ech muss soen, dass ech mech e bësse wonneren iwwert d'Suite vun den Debatten hei am Parlament, well mer jo awer de Moment an enger Situatioun sinn, wou mer zënter dem Dënschdeg e relativ schaarfe Kommuniké vum Groupement des Magistrats virleien hunn, an deem de Groupement des Magistrats net frou ass iwwert dat, wat de Statsminister e Freideg virun der Press gesot huet.

Ech muss lech soen, ënner normalen Ëmstänn hätt esou e Kommuniké vum Groupement des Magistrats à l'adresse vun engem vun de Regierungsmemberen zu leidenschaftlechen Debatten hei am Parlament gefouert, wann e Statsminister oder e Regierungsmember esou kritiséiert gött, wéi dat d'lescht Woch de Fall war.

Or, ech hunn heibannen, zënter dass dee Kommuniké do ass, nach kee Wuert vun iergendenger Säit an déi Richtung héieren...

(Interruptions diverses)

Här Gibéryen, ech hu mech gewonnert doriwwer an et ass och keng Resolutioun an där Hinsicht komm. Ech iwwerleee mer, ob mer net awer fir d'nächst Woch nach eng Resolutioun an deem Sënn sollen abréngen. Da kritt jiddereen heibannen d'Geleeënheet sech ze äusseren, wéi en dann en fin de compte zu där ganzer Problematik steet. Dat ass bis elo tunlichts vermidde ginn.

Ech wëll och soen, Här President, dass ech e bëssen iwwerrascht sinn, wéi de Groupement des Magistrats reagiert huet op dat, wat de Statsminister gesot huet. D'lescht Woch huet nämlech e puer Deeg virdrunn d'Chamber sech an enger Debatt villméi haart a villméi sec geäussert zu deem Problem, deen opgeworf ginn ass, wéi dat de Statsminister e Freideg gemaach huet. Or, d'Reaktioun vum éischte Pouvoir hei am Land léisst den drëtten Pouvoir absolut kal. Dee reagiert net drop. Ech weess net, ob en et net héieren huet oder ob et en Zeeche vun Dédain ass oder ech weess net wat par rapport zum éischten Pouvoir. Dat wat mir hei gesot hu war jo awer relativ kloer an däitlech. Ech wëll hei op d'Ausoe vun de Fraktiounschefe vun deenen eenzelne Gruppen hiweisen. Dat gött vum Groupement des Magistrats net zur Kenntnis geholl, grad wéi wa mir als éischten Pouvoir net géifen existéieren.

Da kënnt deen zweeten Pouvoir an äussert sech zur selwechter Fro an engem villméi gemässegten Toun, an da kënnt eng schaarf Reaktioun vum drëtten Pouvoir.

Ech muss soen, Här President, comprene qui peut!

Da wollt ech ee Wuert soen iwwert d'Budgetskreditte,

déi virdu vum honorablen Här Lux hei ugesprach gi sinn a Bezuch op d'Erzéiungspauschal vun 3.000 Frang.

Här President, ech wëll déi Problematik eréischt dann definitiv kommentéieren wa mer de Projet vun der Regierung am Text virleien hunn, wa mer genee wëssen, wat d'Regierung wëllt a wou eis Fraktioun sech positionéieren wäert, ob se dann definitiv an am leschten Detail mat alle Propositione vun der Regierung d'accord ass oder ob mer mengen, et wier nach dëst oder dat ze verbesseren.

Ech kann nëmme soen, dat wat den honorablen Här Lux virdrunn hei ausgeféiert huet, fënnt an den allgréissten Zich d'Zoustëmmung vu mir an ech denken och vu menger Fraktioun. Ech sinn u sech frou, dass hien hei net méi weider insistéiert huet op déi Proposen, déi och op den Dësch komm waren, fir d'Saache mateneen ze kumuléieren an niewenteneen, Babyjoren an anerer. En huet sech hei intensiv mat der Fro vun der Proposition vun deenen 3.000 Frang, déi mir gemaach haten, ausernee gesat. En huet sech mat der Fro vun de Babyjoren, wéi se dann definitiv sollen agencéiert ginn, wie kënnt an de Genoss dovun kommen, ausernee gesat, an ech muss soen, dass ech ganz frou war déi Aussoen hei ze héieren, well déi sech wäitgehend decke mat deene Propositionen, déi mir gemaach hunn, an deementsprechend denken ech, dass d'Sozialiste sech kënnte ralliéieren oder dass mer kënnten en Accord fannen op deem, wat mer proposéiert haten.

Gëschter huet den honorablen Här Bausch, de Fraktiounschef vun deene Gréngen, an enger iwwregens ganz gudder Interventioun – ech war zwar net hei, mä ech hunn awer op mengem Büro nogelauschert –...

(Hilarité)

...eng ganz Rei vu Saache presentéiert. Ech muss awer soen, déi Aart a Weis, wéi en hei iwwert déi Erzéiungspauschal vun 3.000 Frang gefuer ass,...

(Interruption)

Elo verstinn ech awer näischt méi, Här President. Wann den Här Krecké mengt, dat wiere staark Minutte gewiescht, dann deelt hie jo d'Meenung vum Här Bausch.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - D'Aart a Weis, wéi en lech bewisen huet, wéi Dir virgange sidd.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här Krecké, elo nuancéiert Der scho schéin!

Ech wëll lech just soen, wéi den Här Bausch déi Pauschal vun 3.000 Frang hei erofgemaach huet, dat war u sech schonn e bëssen onwürdeg, an déi Dausende vu Fraen a Mammen am Land, deene mir des Pauschal zougeduecht hunn, wäerten deene Grénge merci soe fir dat wat, se hei gesot hunn.

Den Här Bausch huet eis an deem Kontext Walektoralismus virgehait an en huet gesot, d'Original wier besser wéi d'Kopie.

Ech wëll lech emol eent soe vu Walektoralismus vun deene Gréngen. 1995 an 1998 hunn déi Gréng d'

Reforme vun de Pensiounen am öffentleche Secteur aus pure walelektorale Considérations net matgedroen, well et Reforme waren am Sënn vun der Nohaltegkeet, déi jo vun deene Gréngen hei ëmmer esou breet developpéiert gëtt. Si hunn déi Reformen an deem Sënn net matgedroen, well se walelektoral gehandelt hunn. Or, wat huet de Wieler gemaach? De Wieler huet d'Original gewielt an net d'Kopie. Deementspreechend setzt haut d'Original an der Regierung an déi Gréng sëtze weider an der Opposition.

(Interruption)

Wien huet da prozentual méi verluer, Här President? Prozentual hunn déi Gréng bei de leschte Wahlen verluer, mir hunn net verluer.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Kuckt emol wivill Deputéierten Der manner hutt!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, wann den Här Gira elo seet, dass mir zwee Deputéierte manner hunn, esou denken ech, den Här Gira kennt eis Walgesetzbildung an eise Walsystem esou gutt, dass e weess, dass een och ouni Prozenter ze verléiere kann Deputéierte verléieren. Mir hunn Deputéierte verluer, mä keng Wieler. Déi Gréng hu keng Deputéierte verluer, mä si hu Wieler verluer. Dat ass den eenzegen Ënnerschied, deen et tëschent eis gëtt.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Dat ass jo net wouer!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir waart iwwerall derbäi!
(Hilarité)

M. le Président. - Fuert weider, Här Weiler, et gëtt lëscht!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech kommen dann nach zu e puer Aussoen, déi hei gemaach gi sinn an ech fäerten, da vergeet d'Laachen eis e bësse méi séier heibannen, e puer Aussoen, déi net onwidersprach bleiwen, respektiv déi eng Rei vu Commentaires bedéngen.

Ech wëll déi Bemierkungen op zwee Niveauen usiedelen a si betreffen op deenen zwee Niveauen all Kéiers den ADR.

Ech muss lech soen, Här President, dass an deenen Ausféierungen, déi an deene leschten Deeg hei den Här Gibéryen an den Här Mehlen gemaach hunn – et ass zwar net ganz nei –, déi Iwwerhiefléckheet, déi Arroganz an déi Besserwësserei, déi si op dëser Tribün duergeluecht hunn, alles iwwersteigt wat mer jee hei am Parlament erlieft hunn.

(Interruption)

Mir hu scho vill erlieft, mä dat do huet alles iwwertrafft! Den Här Gibéryen stellt den ADR duer als dee Veräin, deen alles kann, deen alles weess, deen alles virusgesäit an deen alles richteg mécht. D'Regierung, déi lescht, d'Ministeren an d'Deputéiert, dat sinn alles domm Jongen, domm Meedercher...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dat huet kee gesot, Här Weiler!

M. Lucien Weiler (CSV). - Dir hutt eis dohinner gestallt wéi Chrëschtkennercher, déi näischt kënnen an déi näischt géife verstoen...

(Interruptions diverses)

...an dass alles, wat dës Majoritéit an déi lescht gemaach hätten, entweder falsch oder ongerecht wier. Dat ass d'Method mat där den Här Gibéryen an den Här Mehlen d'Saachen dohinner gestallt hunn. Dass eist Land iwwerall weltwäit un der Spëtzt steet, dat ass jo an de Schouss gefall. Domat hat keen eppes ze dinn an deene leschte 50 Joer. Et ass alles normal.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Richteg gesot!

M. Lucien Weiler (CSV). - Den Här Mehlen huet hei geschwat vun enger onbeschreiblicher Inkompetenz vun enger Rei vu Ministeren, déi viles hei am Land verhonzt hätten.

M. Robert Mehlen (ADR). - Mir hu vun Ären dräi leschten Unterrechtsministere geschwat!

M. Lucien Weiler (CSV). - Ofgesinn, Här President, vun der Terminologie, déi den Här Mehlen hei gebraucht, muss ech soen, dass a puncto Kompetenz et mir vill léiwer ass, a vill Kolleegen a Kolleegeninnen heibannen an d'Leit dobaussen am Land villméi berouegt sinn, dass den Här Juncker haut de Mëtteg als Finanzminister op de Sommet vu Laeken gefuer ass, wéi wann den Här Gibéryen als Finanzminister mat senger Kompetenz d'Intérêt vu Lëtzebuerg do hätt misste vertrieben.

(Interruptions diverses)

An ech muss soen, dass vill Elteren a Kanner dobaussen am Land frou sinn, dass d'Mme Brasseur mat hirer Kompetenz Unterrechtsministerin ass an net den Här Mehlen, mat där Kompetenz, déi hien huet...

M. Robert Mehlen (ADR). - Awer net déi dräi, déi Dir virdrun do setzen hat! Kuckt dach d'Resultat!

M. Lucien Weiler (CSV). - ..., an dass den Här Frieden Justizminister ass an net den Här Henckes, dat berouegt eis enorm.

M. Robert Mehlen (ADR). - Dir sollt lech schumme fir dat, wat Der ugeriicht hutt! Mir brauchen 20 Joer fir dat erëm riicht ze bëien!

M. Lucien Weiler (CSV). - Ech hoffe just, dass et ni esou wäit wäert kommen, dass eng Kéier déi Leit hir Kompetenz kënnen ënner Bewäis stellen, well da wäerten hei am Land nach enger Partie Leit d'Aen opgoen.

(Interruption)

Här President, dat hat ech bal vergiess. Ech si fuerchtbar berouegt, dass den Här Wagner Gesondheetsminister ass, an net den Här Colombero, well mat deem, wat en eis gëschter hei presentéiert huet, kënn ech mer ënnert deenen Ëmstänn net e Gesondheetsminister Colombero virstellen.

M. Aly Jaerling (ADR). - Also, Här Weiler, elo hätt ech awer och gären e Ministère!

(Hilarité)

M. le Président. - Dir Hären, loosst mer weiderfueren a Spaass beisäit!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, wat virun allem peinlech ass, dat ass, dass bei all Verbesserungen – dat war scho bei där leschter Regierung esou –, déi proposéiert ginn, d'Regierung u sech näischt domat ze dinn huet. Si huet nämme beim ADR ofgeschriwwen. Si exekutéiert nämmen den ADR-Walprogramm.

Ech muss lech soen, Här President, méi domm a méi peinlech a méi aarmséileg wéi dat do gëtt et näischt. All Partei an dësem Land huet Walprogrammer an an all Walprogramm sti vill a gutt Saachen dran, well d'Partei si jo par définition do fir ze kucke wéi se an der Gesellschaft wëlle virukommen, wéi se de Bierger an deem Land hei wëllen hëllefen. A fir dann hinzegoen a vun dëser Tribün aus, all Kéiers wann eng anstänneg Proposition duerchgesat gëtt, ze soen, dat do hutt Der vun eis geknäipt, dat do ass eise Walprogramm, dat ass eng Method, déi einfach peinlech an aarmséileg ass.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här Weiler, bleibt bei der Wourecht!

M. Lucien Weiler (CSV). - An dann d'Duerstellung, den ADR hätt de Monopol vun de gudden Iddien am Rentewiesen, déi Selbstiwwerschätzung, déi Arroganz! Här President, an deem Land hei gouf Sozialpolitik vu villen a grouse Sozialpolitiker gemaach, wéi nach kee Mënsch un d'Existenz vum ADR geduecht huet. Wi den Här Gibéryen nach an der kuerzer Box doruechter gelaf ass, ass hei am Land anstänneg Sozialpolitik gemaach ginn.

M. Robert Mehlen (ADR). - Dat war awer eng aner Generatioun vu Politiker wéi Dir!

M. Lucien Weiler (CSV). - An dat, wat den ADR sech hei a puncto Sozialpolitik leescht...

M. Aly Jaerling (ADR). - Mir sinn amgaang, d'Resultat vun där Sozialpolitik ze korrigéieren.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...vu Leit wéi Krier, Biever an aneren, déi Sozialpolitik hei am Land gemaach hunn...

M. Robert Mehlen (ADR). - Dat waren der nach!

M. Lucien Weiler (CSV). - ...an déi net op den ADR hu brauchen ze waarden, fir datt anständeg Rentepolitik soll gemaach ginn.

(Interruptions)

Ech kann nämmen eppes soen, Här President, et gëtt e Spréchwuert wat seet: „Hochmut kommt vor dem Fall.“ An den ADR soll sech dat ganz gutt mierken. Och wann et em déi leschte Kéier nach gegléckt ass, eng Partie Stëmme ze wannen, iergendwann ass de Réservoir vu Leit eidel, déi op esou plomp Manoeuvren, wéi se hei vum ADR duergeleucht ginn, erafalen, iergendwann ass dat eriwwer. Well, Här President,...

M. Gast Gibéryen (ADR). - De gréissten Deel vun deene Wieler, Här Weiler, déi ware virdru bei der CSV. Dir wäert dach elo net Är fréier Wieler esou hei betitelen.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech wëll emol eent soen. Gëschter huet den Här Mehlen sech hei op der Tribün opgereegt, wéi den Här Clement sech un hien adresséiert huet, a gesot: De Minimum vun Anstand wär et, wann den Här Clement géif opstoen, wann en eppes ze soen hätt.

(Hilarité)

Also den Här Gibéryen kéint sech emol un dat halen, wat säi Parteipresident gëschter als déi gutt Manéieren definéiert huet.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci gläichfalls!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech kommen zu engem leschte Punkt.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Eng Voiture balai am Tour de France.

M. Lucien Weiler (CSV). - Mir wëssen et scho laang, mä dës Kéier ass et eis...

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et ass een hei bannen deen et verstanen huet.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...méi speziell opgefall. Den ADR ass e Veräin – an ech wëll mech emol virsiichteg ausdrécken –, deen et mat der Wourecht net esou ganz genee hëlt. A wéi soe mer scho méi op Lëtzebuergesch fir déi Leit, déi et mat der Wourecht net esou ganz genee huelen: Dat si Ligener.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Passt elo gutt op wat der sot Här Weiler!

(Interruption)

M. Lucien Weiler (CSV). - An deem Kontext, Här President, wëll ech e puer Beispiller weisen, wéi den ADR hei vun der Chambertribün profitéiert, fir eis, an doriwwer eraus de Leit dobaussen, déi dat nokucken, Onwourechten ze zerwéieren. An ech referéiere mech do op d'Ried, déi de Fraktiounschef vum ADR d'lescht Woch, de leschten Dënschden, hei gehal huet; an huelen emol e puer Punkten dovun eraus.

Den éischte Punkt ass deen, wou e seet, de Statsminister géif permanent nämmen dovun dreemen, fir e Stat vu 700.000 Leit ze kréien. Ech muss lech soen, Här President, dat ass falsch, dat ass eng Onwourecht.

Une voix. - Si wären all gebraucht ginn.

M. Lucien Weiler (CSV). - Den Här Gibéryen soll een, een Zitat bréngen, wou de Statsminister sech ausgedréckt hätt, wou e gesot hätt, hie géif en Awunnerstat vu 700.000 Leit wëllen.

(Interruption)

De Statsminister war deen Éischten, deen a sengen Etats de la nation vun 1999 an 2000 virun esou engem Stat gewarnt huet a gesot huet: Mir müssen oppasse wat mir

hei maachen, wa mer esou weiderfueren, risquéiere mer an esou e Stat eranzekommen. Och wann den ADR dat haut esou dohinner stellt, wéi wann de Statsminister keen anere Wonsch hätt, fir e 700.000-Awunnerstat ze kréien. Et ass säin Dada, huet den Här Gibéryen hei gesot.

Här President, et ass falsch, et ass d'Onwourecht! Ech fuerderen den Här Gibéryen op, een Zitat ze brénge wou de Statsminister gesot...

(Interruptions)

...e soll een Zitat brénge wou de Statsminister gesot hätt, dass hie sech géif e 700.000-Awunnerstat wënschen. Wann den Här Gibéryen keen esou en Zitat bréngt, da soen ech dat, wat hien hei op der Chambertribün gesot huet: Dat ass d'Onwourecht, hien huet d'Onwourecht hei an deem dote Punkt gesot.

An da kommen ech op en zweeten, dee villméi krass...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Nach méi krass!

M. Lucien Weiler (CSV). - ...a villméi frappant ass. Den Här Gibéryen huet hei gesot, et wär de Verdéngscht vum ADR, datt d'Lëtzebuergesch als Konditioun...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...an d'Gesetz...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...iwwert d'Nationalitéiten...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...ageschriwwen ginn ass. Hien huet gesot: D'Regierung huet eis Propositionen ugeholl...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...an huet hiert Gesetz deementsprechend geännert.

Ech soen lech, Här President, dat ass falsch, dat ass onwouer, dat ass eng Ligen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ooohh!

M. Lucien Weiler (CSV). - ... An ech iwwerreechen lech, Här President, en Dossier, deem da vu jidderengem ka konsultéiert ginn, wou retrasséiert ginn ass, wéi et zum Nationalitéitsgesetz komm ass, a wéi et zu deene Konditiounen komm ass, déi do dra stinn.

An an der Sitzung vum 16. Mee 2001, wou d'Kommissioun fir d'éischt mat hiren Aarbechten ugefaangen huet, war, ënner anerem, vum ADR present, den Här Jacques-Yves Henckes. Do ass iwwert d'Fro vun der Konditioun vun der Sprooch an der Kommissioun diskutéiert ginn, déi Fro, déi iwwrigens schonn am Regierungstext implizit enthalen war, mä déi awer net esou prezis ausgedéit gi war, wéi se herno zréckbehale ginn ass.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Voilà!

M. Lucien Weiler (CSV). - An dunn ass diskutéiert ginn, Här President, an en fin de compte ass eng Solutioun an der Kommissioun zréckbehale ginn, déi vum honorabelen

Här Mosar proposéiert gi war; an du war den Text arrétéiert. Deen Text ass deem, deem d'Chamber votéiert huet.

An där Kommissioun huet, laut Procès-verbal – an en ass ganz extensiv, all Interventiounen vu jidderengem sinn opgezielt –, den Här Henckes net eng eenzeg Kéier d'Wuert ergraff. Déi Kéier drop, an der zweeter Sitzung – wéi dat hei awer längst ofgehaakt war – ass den Här Jaerling dunn, deem den Här Henckes an der Kommissioun vertrueden huet, mat engem Amendement komm, deem e presentéiert huet, a sot: Dat wär den Amendement vum ADR.

Dat ass richtig, datt en Amendement kuum mä dee kuum, nodeems den Text längst arrétéiert war. An deem Text, deem arrétéiert ginn ass, ass e ganz anere wéi deem, deem den ADR proposéiert huet. Et ass also falsch, et ass duerch d'Piéchen bewisen, Här President, – an ech iwwerginn lech deem Dossier, fir datt jidderengem dee kann asichen –, wat den Här Gibéryen hei seet.

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här Weiler, dat wat der elo sot entsprécht der Wourecht an der Kommissioun, mä mir hunn hei am Virfeld vum Projet de loi geschwat. Do hat der nämlech am Regierungsrot festgehalten, datt d'lëtzebuergesch Nationalitéit net néideg wier, dunn hu mir intervenéiert, an du kuum den CSV-Nationalrot an deem huet dunn datselwecht gesot wéi mir.

(Interruptions)

Do muss Dir am Virfeld kucken! Hei ass d'Aart a Weis wéi d'CSV verfiert; falsch Dossieren, falsch Dossieren!

(Hilarité générale)

M. Lucien Weiler (CSV). - Also et ass ganz flott, Här President, den Här Henckes iwwerrascht eis ëmmer erëm wann en e bëssen an den Eck gedréckt gëtt, mat Saache wou en da seet, hien hätt héieren, hien hätt gesinn, do wäeren och Jurisprudencen. Elo kënnt en, do wär am Virfeld iergendwann eppes Nebulöses gewiescht.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech kann lech d'Datumen nach eng Kéier soen; liest meng Interventioun, do hu mer d'Datumen an d'Zitater bruecht.

M. Lucien Weiler (CSV). - Hei läit...

Une voix. - Dot eis dat net un, erspuert eis dat!

M. Lucien Weiler (CSV). - Jo, da bréngt eis déi emol fir dat ze bewisen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Mir kompletéieren den Dossier.

M. Lucien Weiler (CSV). - Den Text ass esou ugeholl gi wéi e vun der Majoritéit proposéiert ginn ass, an déi Propositionen vun der Sprooch...

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - ...sinn esou däitlech op Grond vun deene vun der Majoritéit komm, an et ass falsch, et ass einfach net richtig, et ass eng Onwourecht fir hei ze soen: D'Regierung huet eis Propositionen ugeholl an hiert Gesetz deementsprechend geännert. Et ass einfach falsch, Här President!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Net an der Kommissioun!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, ech wëll elo hei net laang mam Här Gibéryen diskutéieren.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Mir hunn et an eiser Zeitung geschriwwen, mir hunn et dobaussen a Pressekonferenze public gemaach an duerno huet d'Regierung reagiert.

M. Lucien Weiler (CSV). - Den Dossier hunn ech deposiert an an dee ka jiddereen dra kucken.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et weess jo elo jidderee Bescheid.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dann huet den Här Gibéryen hei...

(Interruption)

Jo, et weess jidderee Bescheid; selbstverständlech weess jidderee Bescheid, dass Dir d'Onwourecht gesot hutt.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech bréngen lech déi nächst Woch nach aner Saache laanscht.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, den Här Gibéryen huet hei a puncto Rentendesch gesot: D'Regierungsparteie wollten um éischten an um zweete Rentendesch praktesch keng Verbesserungen a keng Zougeständnisser.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, eng Milliard!

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, dat ass falsch, dat ass net richtig, dat ass d'Onwourecht, wat den Här Gibéryen seet; minimum a Richtung, wat meng Fraktioun ubelaangt.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Eng Milliarde!

M. Lucien Weiler (CSV). - Um alleréischte Rentendesch, wou et iwwrigens net drëm gaangen ass, fir scho Propositione virzeleeën – mir goufen nämlech an där Sitzung opgefuerdert, fir dat an där nächster Sitzung ze maachen –, hu mir ganz konkret Propositione gemaach, an déi gi wäit iwwer eng Milliard eraus. Mir hunn an der éischter Sitzung d'Propositione vun de Babyjore gemaach an d'Propositione vun de Majorations forfaitaires.

Här President, ech iwwerreechen lech dofir och deen Dossier, fir dass jidderee kann Asicht dovun huelen, wéi Propositione gemaach ginn.

Et war falsch, et ass einfach net richtig, et ass d'Onwourecht, wann den Här Gibéryen hei behaupt, um éischten an zweete Rentendesch wär dat esou gaangen. An da seet e weider, während dem Rentendesch wär eis e beemol déi grouss Erleuchtung komm, an dunn hätte mer gesot: Da féiere mer de Forfait d'éducation an.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, dat ass falsch, et ass d'Onwourecht, wann den Här Gibéryen dat hei behaupt. An der alleréischter Sitzung, déi mer haten – ech mengen, dat war am Mäerz, de 16. Mäerz –, goufen all Parteien, déi um Rentendesch do waren, opgefuerdert, fir Propositionen eranzeginn. Mir hunn eis Proposition de 27. Abrëll eraginn. Den ADR huet seng

de 25. Abrëll eraginn, an déi aner Fraktiounen hei zum selwechten Datum.

An eise Propositionen, déi mir eraginn hunn, Här President, do ass de Forfait d'éducation vun 3.000 Frang als alleréischte Mesure opgezeechent. An da seet den Här Gibéryen, dass déi Propositionen am Laf vum Rentendesch gemaach gi wäeren – liest seng Interventioun, et muss ee seng Interventioun nolliesen! –, nom zweeten an drëtte Rentendesch, wéi mer gesinn hätten, datt mer net méi laanscht d'Verbesserunge kéimen.

Et ass falsch, wat den Här Gibéryen behaupt, et ass d'Onwourecht, déi en hei op der Tribün gesot huet, wat dee Punkt do ubelaangt huet.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech bréngen lech déi nächst Woch d'Beleeger och heihinner.

M. Lucien Weiler (CSV). - Jo, Här President, ech hunn d'Beleeger ofginn, d'Beleeger leien hei, an déi ka jidderee konsultéieren.

Ech wollt dat nëmme soen, Här President, fir ze weisen, wéi den ADR vun dëser Tribün profitéiert, fir Saachen no baussen ze droen, déi einfach net richtig sinn, déi onwouer sinn...

(Interruption et hilarité)

...déi der Wourecht net entsprechen. An et handelt sech heibäi net ëm esou en Ausrutscher, well dat ka jo am Eifer vum Gefecht jidderengem emol passéieren, dass en eppes hei seet wou en iwwerdreift. Hei geet et, Här President, ëm bewossten, ëm geziilt an ëm gewollten Onwouchten, déi no bausse verbreet ginn, fir politesch Kapital doraus ze schloen.

An et ass dat, Här President, wat grave ass! Dat hate mir bis ewell nach net an dësem Parlament. Ech ka mech net erënneren, datt et hei e Fraktiounschef oder en Deputéierte gouf, dee geziilt, gewollt a cibléiert hei Onwouchte presentéiert huet, fir doraus politesch Kapital ze schloen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Haalt direkt op mat schwätzen!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President...

M. Aly Jaerling (ADR). - Dat do ass jo wéi wann d'Infirmière de Geck mam Spidol mécht!

(Hilarité générale)

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, den ADR huet hei nees eng Kéier, wéi schonn esou oft an der Vergangenheet, mat Onwouchten a mat Ennerstellungen operéiert, déi an der Zwëschenzäit zum alldiegleche politischen Handwierksgeschier vun dësem Grupp gehéieren.

(Interruption)

Ech muss soen, et kann een dem ADR näischt verbidden. Op dëser Tribün ka jidderee soe wat e wëllt, mä mir wäerten an Zukunft all Kéiers hei dofir suergen, wann hei Onwouchten a Saache behaupt ginn, déi manifestement net der Wourecht entsprechen, déi wëssentlech a wëllentlech no bausse gedroe ginn, fir doraus

politescht Kapital ze schloen; mir wäerten dat an Zukunft all Kéiers vun dëser Tribün aus dénoncéieren, an d'Leit sollen héieren, mat wéi enge Methoden a mat wéi enge Praktiken dass hei operéiert gëtt.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir awer och!

Une voix.- Mir awer net!

M. Lucien Weiler (CSV).- An dann, Här President, fir ofzeschléissen, nach e Beispill an engem Punkt, dee ganz sensibel ass, wat awer elo näischt direkt mam Budget ze dinne huet.

D'Walrecht vun den Ausländer um nationale Plang, e ganz sensibele Punkt, dee fir jiddereen hei am Land, um nationale Plang wuelverstanen, sensibel ass, fir d'Bierger, an och fir d'politesch Parteien.

An ech muss soen, ech sinn net aus dem Staunen erauskomm, wéi ech gëschter – oder virun e puer Deeg hei – den Här Gibéryen héieren hunn, dee gesot huet: Selbstverständlech, fir dass d'Lëtzebuerger net minoritär an hirem eegene Land ginn, an an ... huet en hei développéiert, kéim et nëmmen a Fro, dass d'Walrecht, um nationale Plang, de Lëtzebuerger, deene Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit virbehalen hunn, reservéiert ass. Ech hu geduecht, dat kéint net sinn, well ech hunn an Erënnerung, dass den honorabelen Här Mehlen, Parteipresident vum ADR, virun e puer Méint en Interview ginn huet – an du sinn ech dat emol nosiche gaangen, dat war de 4. Oktober 2001 am „Jeudi“, eng Zeitung, déi jo heibanne bekannt ass, a gelies gëtt –, wéi ech gesinn hunn...

(Interruptions diverses)

...an ech wëll lech soen, wat den Här Mehlen, a Besuch op d'Walrecht vun den Ausländer, do gesot huet. De Journalist schreift, den Här Mehlen gesäit nëmmen eng Léisung: „Donner le droit de vote aux étrangers communautaires bien sûr“. Also d'Ausländer...

(Interruptions)

Här Mehlen ënnerbriecht elo net, et ass elo...

M. Robert Mehlen (ADR).- Ma nee, da sidd komplett.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, den Här Mehlen seet hei, d'„étrangers communautaires“, déi sollen d'Ausländerwalrecht kréien. Da gëtt e gefrot: Mä wéi gesi Dir dat dann? D'Deputéierten, d'Ministeren, net Lëtzebuerger Deputéierten, net Lëtzebuerger Ministeren. Eligibilité oui, seet den Här Mehlen, mais sous certaines conditions notamment la langue! Also Här President, erklärt mer dat emol.

De Parteipresident vum ADR seet, d'Walrecht vun Ausländer bei den nationale Wale: Kee Problem, dat ass an der Rei, déi kënne gewielt ginn, déi kënne Deputéierte ginn, déi kënne Minister ginn. Gëschter kënnt den Här Gibéryen hei op d'Tribün a seet: Kënnt iwwerhaupt net a Fro dat doten! Walrecht exklusiv fir déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

(Interruptions)

Da muss ech soen, Här President, fir wéi domm halen déi Leit eis? De Parteipresident seet, d'Ausländer sollen hei um nationale Plang mat wéi enge goen, d'Ausländer kënne Deputéierte ginn, d'Ausländer kënne Minister ginn, an den Här Gibéryen kënnt heihinner a seet: Dat gëtt e Problem, dat kënnt hei net a Fro.

M. Gast Gibéryen (ADR).- An et ass och esou.

(Interruptions et hilarité générale)

M. Lucien Weiler (CSV).- An et ass och esou! Also hien désavouéiert nach eng Kéier hei säi Parteipresident.

M. Ady Jung (CSV).- Si sinn no alle Säiten op!

M. Lucien Weiler (CSV).- Den Här Gibéryen désavouéiert hei en séance publique säi Parteipresident andeems e seet: Ech hu Recht, an den Här Mehlen huet Onrecht.

(Interruptions)

An ech muss lech soen, Här President, dat do beweist, mat wéi enger seriöser Partei datt mer et hei ze doen hunn, déi an enger Fro – déi d'Lëtzebuerger a jiddereen hei am Land interesséiert, an de politesche Parteien a jidderengem vill Kappzerbrieches mécht, wéi mer doriwwer weiderkommen – zweemol just de Contraire seet; 100% ausenee si se. Also, wie ka mat esou enger Partei eens ginn, ech op jidde Fall net. Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

Une voix.- Ah!

3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Weiler huet mer d'Stéchwuert ginn. Et ass vill hei geschwat ginn an de Budgetsdebatten iwwert de Repérage vun den Télécommunicatiounen. Ech géif dann hei, am Numm vu menger Fraktioun, den Dépôt virhuele vun eiser

- *Proposition de loi 4886 portant réglementation du repérage des télécommunications et modifiant le Code d'Instruction Criminelle.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Alex Bodry a se gëtt weidergeleet un de Statsrot an déi zoustänneg Kommissioun.

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour. Als nächst Riednerin ass d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank agedroen. D'Mme Meyers-Frank huet d'Wuert.

4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll dem Budgetsrapporteur, dem honorabelen Här Claude Wiseler, villmo-